# eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

NEI FOLLEG
XXIV. JOR/1988

Nr. 22

WAT DRAN AS:

Editorial:
Dräimol d'Jor 1

Cl. Esch:
Ronderëm de Fëschmaart 2

R. Siuda:
Klengegketen 15, 21, 23

J. Thill (H. Rinnen):
Konstitutioun 16

Tom Thies:
Den Indianer-Jo 22

Nic. Angel:
De Pätter 24

J. Rinnen:
Wanter 25

M. Lamy:
Fir eis Blummegäertner 26

Jos. Harpes:
60. Jubiläum 27

J. Milmeister:
Wie wor de Grof vu Lëtzebuerg 29

René Kartheiser:
Matzen an der Nuecht 30

Gil Mandy:
E Wonner 31

Vi. Ro.:
Léiwer daf ewéi domm / Spréchwierder 32

G. Helm:
Theatersaison 1986-1987 33

hr: Nei Bicher 37


E. Arnoldy:
Fréijoërsfreed 38

Gil Mandy:
Wéi de Bauer an d'Hee wor 39

E. Arnoldy:
Mäerz, de Lenzmount 39

Korrekturen 40

Wat huet d'A.L. bis elo eraus gin?



Bléck op d'Alstad

# Dräimol d'Jor!

Zënter 1971 kënnt EIS SPROOCH, d'Zäitschrëft vun der Actioun Lëtzebuergesch all Jor wéinegstens eemol eraus.
Den Titel huet se vum Veräin «Eis Sprooch» geierft, deer hir Zäitschrëft och esou geheescht huet vun 1952 bis 1962. Deemools haten eis Virgänger dee Veräin gegrënnt a wollten domat dee vun der «Hemechtssprooch» vu virun 1940 viruféieren. D'«Hemechtssprooch» as den 19. November 1936 gegrënnt gin, am Memorial stongen d'Statuten an d'Grënnongsmêmbren de 16.12.1936. Et woren duurcheweech déi selwecht Leit, déi nom Krich virugefuer sin. Bei der «Hemechtssprooch» woren et deemools, d'pensionéiert Schoulmeeschteren Hary Godefroid, J.P. Braun, dann de Léon Senninger an Theo Wies, och Schoulmeeschter. Am Memorial stin: Leo Berchem, Lucien Koenig, de Siggy, Nik Wampach, Ferd Wirtgen, Adolf Berens, J.P. Braun an Hary Godefroid. Bei «Eis Sprooch» woren et 1952 Nik Pletschette, Hary Trauffler, Ferd Gremling, Isy Comes, Franz Binsfeld, Leon Senninger, Lucien Ludwig, Rosch J.P. Den Isy Comes wor President, den Hary Trauffler Caissier, de Ferd Gremling Sekretär a Redakter.
Hir Zäitschrëft «Eis Sprooch» sollt all Mount erauskommen. Déi éischt puer Jor huet et geklappt, an du huet et gelappt, se koum nach all zwéin oder hanneno nëmme méi all dräi Méint. Déi Daperst si bliwwen: Isy Comes, Ferd Gremling, Nik Pletschette, bis zu hirem Doud. D'Haaptlaascht huet den Isy Comes gedroen. A wéi déi Schaffpäerd nët méi do woren, as et eriwwer gewiescht. Et woren nëmmen nach eppes 50 Mêmbre bliwwen.
Et gouf gefréckelt a gedon a geplangt fir dach «Eis Sprooch» virunzeféieren an do mam Won virunzefueren, wou en 1962 stoe bliwwe wor. Deen eenzegen deen nieft dem Rosch J.P. nach blouf, wor de Lucien Ludwig.
Et si Leit vu verschidde Säiten ugesprach gin bis et dann 1970/71 esou wäit wor an d'Actioun Lëtzebuergesch gegrënnt konnt gin. Dat sin elo 17 Jor!

Een Haaptponkt wor eng Zäitschrëft erauszegin, déi nëmmen op lëtzebuergesch geschriwwe sollt sin. Fir nët an de Feler ze falen ewéi 1952 an all Mount eng Zäitschrëft ze verspriechen, oder all zwéi Méint, as gesot gin, wéinegstens all Jor *eng* erauszegin. A wa genuch Material do wir eng Extra-Serie ze schafen, dat alles esou wäit Suen dofir do wiren. Sou as et och bis haut gehale gin. Déi éischt Nummer konnt aus der Ierfschaft vun «Eis Sprooch» bezuelt gin.
Elo, wou d'Actioun Lëtzebuergesch méi fest am Suedel sëtzt, as am Comité hin an hier iwwerluegt gin, ob et nët méiglech wir, et dach ze probéieren méi dacks eng Nummer vun «Eis Sprooch» erauszegin. Et as vun dräimol d'Jor geschwat gin an déi meescht am Comité woren domat averstanen.
Dat kruten d'Mêmbren an engem Bréif matgedeelt – an elo muss d'Verspriechen gehale gin. Et soll dräimol d'Jor eng Nummer vu ronn 40 Säite kommen. D'Finanzen erlaben et, well duerch d'Verkafe vun Neijoosch- an anere Kaarten eppes era kënnt, virausgesat et bleift esou wéi et de Moment as, obschongs de Verkaf vun de Kaarten an deer leschter Zäit nogelooss huet.
Fir dräi Nummere brauch een Artiklen, a Mataarbechter op déi ee sech verloosse kann. Och dat gouf de Mêmbre gesot.
Eng Redaktiounskommissioun soll sech drëm këmmeren a – siften. Wann och muncheree mengt, e wir en Dichter a Schrëftsteller, mag dat méiglech si fir e lokaalt Blietchen, mir géifen awer wënschen an «Eis Sprooch» e gewëssen Niveau ze halen. Et soll nët zevill avantgardistesch sin, nët zevill kritesch, och nët zevill konservativ sin, wat awer op kee Fall bedeite soll, datt nët kritesch an nët avant-gardistesch Artiklen zepaass kéimen. Un deem Ale kann een nët hänke bleiwen.
An deem Bréif, dee mer genannt hun, gouf un d'Mataarbecht vun de Mêmbren appelléiert. Et as och ewell eppes ukomm, a gët dees an denen nächsten Nummere mat eragcholl.
Wir et nët gutt, wann Dir, Mêmbren, eis eng Kéier géift ze wëssen din, wat Dir iech wënscht, wat Dir gär liest, da kënnt een sech dono riichten?
Et gët keng Zensur gemaacht an et kritt keen eng Zensur.
An domat wëlle mer unhuelen, datt mer eise Plang kënnen ausféieren elo emol dräimol d'Jor, dono vläicht véiermol?

Editorial

# Ronderëm de Fëschmaart

## Geschicht a Geschichtercher aus der Alstad

*Dëst as eng Auswiel vun Texter vu Radiosemissiounen, déi de Claude Esch vum «Comité Alstad» an Zesummenaarbecht mam Guy Tholl vu Radio Lëtzebuerg virun enger Zäit gemaacht hun.*

De Claude as eise Guide, a mat him wëlle mir en Tour duerch eis Alstad treppelen. Hie schwätzt äis iwwer de Fëschmaart oder «d'Dominikaner», wéi déi Altstater nach haut fir d'Méchelskiirch soen; hie pléckt mol dëst oder dat Haus eraus – dat nach haut do steet oder ewell verschwonn as. Hie potert och iwwer déi eng oder déi aner Famill, déi och do gewunnt huet.

Zesumme spadséire mir iwwer d'Corniche – déi vum Fëschmaart soen «de Rempart», bis bei déi fréier Kasär a bis erof an de Pafendallerbierg.

Stëmmt et, datt um Fëschmaart Leit higeriicht goufen?
Huet d'Méchelskiirch och als Dekadentempel gedéngt?
Gouf an der selwechter Kiirch Theater gespillt?

Dëst sin nëmmen e puer vun dene Froen, op déi de Claude äis eng Äntwert wëllt gin.

* * *

### Goufe fréier um Fëschmaart nëmme Fësch verkaaft?

A Wiirklechkeet as dëst déi jéngst Bezeechnung fir de Fëschmaart; all déi aner Nimm vu virdrun sin ewell an de Vergiess geroden. Laang huet déi Plaz virun den Dominikaner ganz einfach «de Maart» geheescht. Am 15. Jorhonnert heescht se ewell «ale Maart». Deen «neie Maart» war déi Plaz bei der fréirer Nikloskiirch, déi ongeféier op deer Plaz stoung, wou haut eist Châmbergebai steet. Doduerch, datt eng Partie räich Familjen sech no an no ronderëm dat aalt Stadhaus – haut de Groussherzogleche Palais – niddergelooss haten, hun ëmmer méi Händler erausfond, datt et méi rentabel wir, fir hire Stand um «neie Maart» opzeschloen, an do de Leit hir Saachen z'offréieren. Doduerch huet den «ale Maart» – dee bei der Dominikanerkiirch – sech lues a lues op de Verkaf vu Kéis spézialiséiert. De François Lascombes gët a séngem Chronik vun der Stad Lëtzebuerg en Dokument vu 1512 un, wou den «ale Maart» «Kéismaart» genannt gët. Kéishändler, och Hierwerlänner genannt, well se aus deer klenger Stad Herve nët wäit vu Léck hierkoumen, hun hir Wueren op dem «ale Maart» ugebueden. Géint Enn vum 17. Jorhonnert heescht d'Plaz dann «Kéis- oder Fëschmaart». 1769 geet esouguer rieds vun engem «Fruuchtmaart».



Maartfra

Nom Ofräisse vum Gebäi vum Provenzialrot, wat Geriichtsgebai war, hat Stad beschloss, dat op der Plaz kënnt Fruucht verkaaft gin. Mee d'Händler sin deemols ëmmer op deer Plaz bliwwen, dé si zougewisen kruten. Am Jor 1797 zum Beispill, sin nët nëmmen d'Duchhändler, mä och d'Holzhändler no an no vum Fësch-

maart op de Krautmaart gezunn, do wou lo de Palais steet. Well hir Karen an hiirt Holz awer ëmmer méi am Verkéier gehënnert hun, sin se erëm hannescht op de Fëschmaart geschéckt gin. Am Jor 1801 geet och eng kuerz Zäit rieds vun engem «Schwéngsmaart». Wéi dann um Knuedler d'Klouschter an d'Kiirch vun de Franziskaner ofgerappt woren – mir schreiwen d'Jor 1834 – huet de Wochemaart sech lues a lues bis dohin ausgebreet. Do as en och nach hautdësdaags, all mëttwochs an all samschdes.

Um Fëschmaart sin awer wéider, nieft Fësch an Uebst, och nach Fruucht an Hee verkaaft gin. Eng Gravüre mat engem Fëschstand um Fëschmaart fanne mir am Victor Tissot séngem «Voyage au pays des Milliards», dat 1878 zu Paräis eraus koum.



Al Festungspaart

## Hiriichtungen um Fëschmaart

Fréier waren d'Strofen, déi d'Geriicht verhaang huet, zimlech haart. Et konnt ee gebeetscht gin, et konnt engem en Ouer erofgehaë gin oder et konnt een aus der Stad gejot gin. Schlëmmste-falls konnt een zum Dout veruurtelt gin.

Fir an der Effentlechkeet gebeetscht ze gin, as et ewell duergaang, datt een de Spunnes mat der Verwaltung gemaach huet. Eng manner uereg Strof war de Stillchen, op däitsch heescht dat «Pranger». Do gouf dee Veruurtelte fir eng kuurz oder och fir eng länger Zäit, je nodeem wat e gestiicht hat, dem Spott vun de Leit aus-gesat. Déif, falsch Kaartespiller oder och strei-dereg Fraën – vu streiderege Männer geet néi-erewou rieds – sin och alt mol kuurz an d'Uel-zecht gezappt gin.

Aus dem Jor 1388 fanne mir déi éischt Noriicht vun enger Hiriichtung. Hei geet rieds vun engem Michel oder Johann Ardenois, dee bei der Méchelskiirch higeriicht gouf. Wat hie ge-stiicht hat wësse mir allerdéngs nët. Op Uerder vum Herzog vu Burgund gouf en Zaldot op der Maartplaz gehaang. Dat war am Jor 1443. Am Jor 1501 goufe gläich e puer Leit, déi zum Doud veruurtelt waren, higeriicht. Den Henker huet missen zu Metz bestallt gin.

An engem Manuskript vum Hellege Geescht Klouschter steet geschriwwen, datt an der Nuecht vu Gréngendonneschdeg vum Jor 1593, e gewëssen de Heu am Stadhaus gekäppt gouf. Déi selwecht Nuecht gouf hien heemlech am Kräizgank vum Franziskanerklouschter, dat um Knuedler stoung, begruewen.

D'Guillotine gouf an den dräi Tir versuergt, a wann se gebraucht gouf, hun d'Zaldoten se op de Fëschmaart transportéiert.

De 24. September 1798 huet d'Guillotine fir d'éischte Kéier fonktionnéiert. Den 3. Mäerz 1801 gouf de Cornelius Krell vu Gréiwemaacher um Fëschmaart gekäppt. Hien hat e franséi-schen Zaldot, dee bei him gewunnt hat, ëm-bruecht a séng Läich an d'Musel gehäit. E fran-séische Geeschtlechen, dee fir schëlleg fond gouf eng Fra verféiert an dunn ermuert ze hun, as den 3. September 1804 um Fëschmaart hi-geriicht gin. Den 3. Dezember 1806, um 12 Auer, as dat 24 Jor jonkt Françoise Baljan vu Sierck ënnert d'Messer vun der Guillotine komm. Et war déi lescht Fra, déi zu Lëtzebuerg higeriicht gouf.


Den 18. Oktober 1816 goufen zwee däitsch Jud-den, déi hei zu Lëtzebuerg gewunnt hun, hige-riicht. Si haten eng Wiirtsfra aus dem Gronn an hir dräi Kanner ermuert, fir un hiirt Geld ze kommen. Dat Geld war geduecht fir en Haus am Bredewee ze kafen.

Déi lescht Hiriichtung um Fëschmaart war den 21. Januar 1821. Et war de Franz Blasius, 32 Jor al. Hien hat séng Fra ënnert engem Millesteen ze Doud quëtsche gelooss, fir kënnen e Meed-che vu Sandweiler ze bestueden. Vun 1879 u goufen déi Veruurtelt an de Mauere vum Prisong higeriicht.

*Vum Fëschmaart kënnt Gedäisch eriwwer,*
*Jëss, d'An am Kapp déi gi mir iwwer.*
*'t as sécher d'Guillotine dach nët,*
*déi heemlech opgeriicht do gët.*

(Vers aus dem Gedicht «Émaischen»
vum Wachthausen)

Dräi Tir



## Déi dräi Tir

Wa mir laanscht de Musée an der Wiltheim-Strooss Richtung Pafendall gin, komme mir bei «d'dräi Tir». Si bestin eigentlech aus engem alen, véiereckegen Tuerm, deen zwee aner ronn Tir verbënt. Gebaut goufen dës Tir am Jor 1050 ënnert dem Grof Giselbert an hun zur zweter Réngmauer gehéiert.

An denen alen Dokumenter heescht dëst Bauwierk «Ronnen Turm – Stadtturm oder grousse Stadturm». Op de Plange vum Deventer a vum Gucciardini sin´déi dräi Tir ganz däitlech z'erkennen. Déi al, kleng a vergittert Fënsteren erënneren drun, datt déi dräi Tir och als Prisong gedéngt hun, an zwar esou laang, bis 1880 de Prisong am Stadgronn fäerdeg war.

D'Guillotine gouf an den dräi Tir versuergt. Wann se gebraucht gouf, hun d'Zaldoten se um Fëschmaart opgeriicht.

Op all Stack vun den dräi Tir woren dräi Zelle fir déi Veruurteelt anzespäeren. Dës Zelle ware fiicht an ongesond. Et as iwwerliwert, datt am Ancien Régime d'Prisonnéier nëmmen eng Moolzecht pro Dag kruten, an datt se op Stréi geschlof hun. De Verdéngscht vum Kerkermeeschter wor 20 Louis pro Jor. Fir d'Opspären an d'Zouspäre vum Prisong krut hien nach 1 Schilling extra; fir all Verhéier krut en nach eng Kéier 5 Su d'Stonn.

D'Prisonéier hun de Kerkermeeschter och misse bezuelen. Vun all Gefaangene krut hien 2 Schilling, wann en an de Prisong ageliwwert gouf, an ee Schilling, wann en erëm fräi koum.

Ganz ausbrochsécher waren d'Zellen och ewell deemools nët. Am Jor 1801 waren dräi Schwéierverbriecher, ee vun hinne war zum Doud veruurtelt, aus den dräi Tir ausgebrach. Nëmmen ee gouf agefaangen; déi aner zwéi konnten sech verdrécken.

Um ieweschte Stack vun den dräi Tir huet géint Enn vum leschte Jorhonnert de Capitaine Weydert gewunnt. Dat as deen Offizéier, deen d'Maquette vum Festungsrelief entworf huet. Dës Maquette as haut am Musée um Fëschmaart ze gesin.

Um zwete Stack vun den dräi Tir hat den Offizéier Van Dyck vun eiser Fräiwëllegekompagnie sech ageriicht. Duerno hat de Staatsarchitekt séng Büroen an dësen ale Maueren, bis d'Geriichtsverwaltung déi Raim zer Verfügung gestallt krut. D'Substituten an d'Greffier-en haten hir Büroen do. D'Plaque un der Façade vun den dräi Tir, wou drop steet «Construites en 1050 avec la seconde enceinte de la ville» as awer eréischt am Jor 1895 opgehaang gin.


## D'Schlasspuert

Déi zweet Puert um Fëschmaart war d'Schlasspuert, vun deer haut näischt iwreg as. Nodeem se de Fëschmaart 320 Jor laang duerch en Tunnel mam Bock verbonnen hat, gouf se 1875 ofgerappt.

D'Schlasspuert – Porta castrensis – gouf esou genannt, well se zum Schlass vun de Grofen an den Herzoge vu Lëtzebuerg geféiert huet, dat de Grof Sigfried um Bockfiels gebaut hat. Dës Puert gët ewell an de Stadrechnunge vun 1830/1381 ernimmt. Deemools goufe verschidden Aarbechten un der Schlasspuert gemaach. Am Jor 1444 z.B. bezillt de Receveur Général dem Zammermann Thys eng bestëmmt Zomm, well en d'Giewele vun zwéi verbrannten Tir ofgerappt hat, déi bei der Schlasspuert stoungen. Den Engelhardt an de Coster schreiwen am «Mémoires du siège de Luxembourg», d'Schlasspuert wir bei der Belagerung vun de Fransousen am Jor 1683 zougemauert gin; d'Kanouneschächt wiren awer op bliwwen. A sénger «Belagerung der Festung Luxemburg» erklärt den Arthur Knaff, datt dëst méi wéi sécher aus deer Ursaach war, fir datt de Kontakt tëscht dem Bock an der Stad nët komplett ofgeschnidde sollt gin.

Am Jor 1842 huet de Majouer Mühlbach vun der preisecher Garnisoun d'Schlasspuert fir d'éischt ëmgebaut. D'Puert war nët nëmmen do, fir d'Leit ze kontrolléieren, wann se an d'Stad koumen, mä et huet een och misse säi Weegeld oder d'Puertgeld bezuelen. Zënter 1331 hat d'Stad Lëtzebuerg d'Recht fir Puertgeld anzezéien. Mat dësem Geld gouf de Pavé fir d'Stroossen an d'Wiechter vun der Puert bezuelt.

Jiddfereen, dee mat enger Kar voller Wueren an d'Stad koum, huet misse Puertgeld bezuelen. Et as awer och fir d'Véi bezuelt gin, an esouguer



De Bock, wéi e war

d'Judden hu misse bezuelen, fir iwwerhaapt an d'Stad erageloоss ze gin.

De Verkéier duerch dës Puert war nët bedeitend. Wann een d'Recetten aus dem Jor 1730 tëscht der Schlasspuert an der Neipuert vergläicht, fënt een, datt fir d'Schlasspuert nëmmen 336 Gulden erakoumen. Bei der Neipuert waren et der awer 1128. Am Jor 1760 hat de Portier vun der Schlasspuert e Joresgehalt vun 148 Gulden.


An engem Accord tëscht der Stadverwaltung an de Militärautoritéite vum 1. September 1772 heescht et, wat den Ënnerhalt vun der Schlasspuert ugeet, datt der Stad näischt gehéiert, ausser dem Pavé. D'Wuechtstuff an d'Holzlager hun och der Majhestéit gehéiert.

Am Jor 1795 war de Michel Lambert, 60 Jor al, Portier vun der Schlasspuert.

*Wéi hat déi Saach sech elo mat deem verréideresche Gäertche bei der Schlasspuert?*

An der Stad an um Lamperbierg goufen et nach e puer Gäert. Si goufen zwar ëmmer méi kleng a méi rar, mä wann enzwuersch e klengen Eckelche Land wor, gouf en och ausgenotzt, fir e Gaart unzeleën.

Den huelen Zant um Bock



De Receveur Général vun der Stad, den Henri de Marche, hat en Eckelche Land bei der Schlasspuert gelount, wou hien sech e Gaart ugeluegt hat. Dës Strëpp Land huet dem Stad gehéiert, an dofir hat hie fir d'éischt missen zu Bréissel ufroen. De 14. Mee 1603, krut hien säin Eckelchen op éiweg verlount. Mä e louch ze vill am Schiet vun der Puert, an doduerch hat en och nët allzevill Wäert. Am Laf vun de Joren as dëse Gaart dann och an aner Hänn iwwergaang.

Am Jor 1660 as duerch Verrot vum Pierre Pillard d'Stad de Fransousen an d'Gräpp gefall. De Pierre Pillard war deemools Piechter vum Gaart. Déi franséisch Zaldoten haten sech do verstoppt, bis e giedleche Moment do war, fir d'Stad z'iwwerfalen. Mä dëse Verrot huet de Pierre Pillard deier misse bezuelen. E gouf zu Antwerpe verhaft a koum virun d'Geriicht. Hei gouf en zum Doud duerch de Stréck veruurtelt.

## De Bock

*De Bock: wat war dat, a wou kënnt deen Numm ägentlech hier?*

De Bockfiels war ägentlech fest mat der ieweschter Stad, dem Bierg, verbonnen. Am 15. Jorhonnert gouf e schmuele Gruef an de Fiels gehan, iwwer deen am Ufank eng Zéibréck oder Fallbréck gefouert huet. Réischt 1735 gouf eng sténge Bréck, esou wéi se nach haut do steet, gebaut: d'Schlassbréck.

De Bock huet also nët ëmmer esou ausgesin wéi haut. Et war e klenge Bierg virun der Stad, an et war bestëmmt nët esou liicht fir driwwer erop an d'Stad ze kommen. Réischt méi spéit krut de Bock déi Form wéi mir se op de Plange vum Deventer (1542) a vum Gucciardini (1581) erëmfannen. Haut gesäit en och nach grad esou aus.

Wouhier kënnt dann elo de Numm «Bock»? Do as ewell vill driwwer geschwat a geschriwwe gin. Den Historiker Van Werveke huet an de Stadrechnunge vu 1452/1453 eng Bezeechnung fond, wou et heescht:

«Der Fels des Hans Bock». Dat heescht also, datt an der Noperschaft en Haus stoung, wou den Hans Bock dra gewunnt huet. Wéi et schéngt gouf dëse Fiels no him genannt.

D'Kasematten um Bock goufen zer Regéirungszäit vun der Käserin Maria Theresia ugeluegt. Dëst huet vill Méi a Geld kascht. Si waren zimlech hell an och geraimeg. A Krichszäite konnten d'Zaldoten dra wunnen. De Festungsgouverneur Feldmarschall von Bender huet bant der Blockad vu 1794 op 1795 an de Kasematte gehaust. Bannendra war e Bur ausgehuewe gin, wou d'Zaldoten hiirt Waasser schäffe konnten.

Am zwete Weltkrich hun d'Kasematten de Leit vum Fëschmaart an der Ëmgéigend als Luftschutzraum gedéngt. De Kaploun Bourg aus der Méchelskiirch hat d'Schlësselen. Hien huet am nooste bäi gewunnt, a war am séiersten do, fir opzespären.

## D'Schlassbréck an d'Corniche,


*oder wéi déi Alstater soen: «De Rampart»*

Déi hëlze Fallbréck, déi de Bock mat der Stad verbonnen huet, gouf e puer mol erneiert, sou ënnert dem Vauban 1688 an ënnert dem Philippe V. am Jor 1705.

Ënnert dem Karel VI. gouf am Jor 1735 déi hëlze Fallbréck duerch eng schéi massiv sténge Bréck ersat, déi d'Schlasspuert mam Bock iwer- an ënnerierdesch verbënt. Si besteet aus engem grousse Bou, duerch deen den «Neie Wee» de Gronn mam Pafendall verbënt. Iwwert deem grousse Bou sin nach fënnef méi kleng Béi.

Samschdes, den 2. August 1862, mueres fréi géint 4 Auer, koum et zou engem bluddegen Tëschefall op der Schlassbréck. De Receveur Joseph Baur aus dem Pafendall war um Wee fir op séng Aarbecht iwwer d'Schlassbréck kom.

D'Festong (1825)



Den Zaldot, deen do op Wuecht stoung, et war e gewësse Collasch vum 35. Brandenburger Füsilierregiment, huet spéider behaapt, de Joseph Baur hätt him eng kräfteg rofgemooss, a wéi de Baur versicht hätt fortzelafen, hätt hie geschoss.


De Joseph Baur gouf tatsächlech e puer honnert Schrëtt ënnenzeg der Bréck, mat engem Réckschoss, dout opfond. Dësen Tëschefall hat fir vill Opregung gesuergt, mä et war awer ni richteg Liicht an déi ganz Affär komm.

Den 23. September 1875 konnten d'Lëtzebuerger fir d'éischt ënner fräiem Himmel vum Fëschmaart op d'Schlassbréck goen, nodeem si 320 Jor laang duerch en Tunnel gaange waren.

* * *

D'Schlassbréck





L'Bléck op de Gronn

Wann ee vun der Schlassbréck Richtung Staatsarchiv geet, trëppelt een iwwer d'Corniche; iwwert «de Rampart», esou soe jo nach haut déi Fëschmaarter. De Batty Weber sot mol zu Frënn, déi bei him op Besuch waren, wéi si iwwer de Rampart goungen: «Sti mir nët op dem schéinste Balkon vun Europa?»

Kënnt ee vun der Schlassbréck an 't béit een no lénks op de Rampart, gesäit een no e puer Meter op der rietser Säit eng Puert. Do war fréier eng Gässelchen, déi am Bredewee eraus koum. An de Stadrechnunge vu 1468 a 1478 gouf dës Gässelchen ewell opgezielt: «Hannert der Sankt Méchelskiirch vum Kinneksstall u bis bei dem Michel Gruders säin Haus bei den Halen», esou steet do geschriwwen. Mä dës Gässelche gouf ze Gonschte vum Dominikanerklouschter am Jor 1646 opgehuewen.

Trëpple mir weider um Rampart, komme mir bei «d'Maison Cassal». Dëst as eent vun dene Gebaier, déi ewell viru Jore schéi renovéiert goufen.

## Wéi huet de Fëschmaart am Mëttelalter ausgesin?



Eng Gässel

Wann een duerch déi enk Gaasse vun der Alstad trëppelt a sech déi al Haiser bekuckt, kann een sech wiirklech froen, ob et och am Mëttelalter esou ausgesin huet.

Munches huet bestëmmt anescht ausgesin ewéi elo an eiser Zäit. Et muss een sech virstellen, datt kaum eng Päerdskar iwwer d'Plaz koum, well do Fiels war, iwwer deen nëmmen Trape gefouert hun. Nieft enger ganzer Rei Privathaiser stoung och nach d'Gebai vum Provinzialrot a vun der Kanzlei do. D'Plaz virun der Kanzlei a virun der Méchelskiirch war also nët ganz grouss.


Wéi d'Stad entstan as, hun d'Leit sech no bei der Buerg néiergelooss, well se do am sécherste waren. Spéider sin ëmmer méi Leit bäikomm, an esou as aus eenzelnen Haisergruppen e richtege Labyrinth entstan, duerch deen sech enk a kromm Gaasse geschlängelt hun.


Trëppelt een duerch d'Gaasse ronderëm de Fëschmaart, kritt een déi beschte Virstellung vun dëse mëttelalterlechen, enke Gaassen, wéi z.B. der Mënzgaass, der Logegaass oder dem ënneschten Deel vun der Waassergaass. Esoulaang, wéi d'Haiser bant deer banneschter Mauer louchen, war d'Stad géint all Ügrëff sécher. Well awer ëmmer méi Leit an d'Stad bäikoumen, sin d'Haiser och ëmmer méi no openee gebaut gin.

Déi éischt Haiser waren aus Holz a Fachwierk gebaut. Haiser aus Steen fanne mir réischt am 12. an 13. Jorhonnert. Waasserledunge goufen et och nët. D'Vollek war op d'Reewaasser ugewisen, dat a Fässer gesammelt gouf. Et konnt een awer och Waasser an de Bur schäffe goen. Esou z.B. op de Roudepëtz oder an den Théiwesbuer am Pafendall. Vum Schlassbur um Bock däerf d'Vollek awer nët profitéieren.

Fir d'Beliichtung vun den Haiser goufen et Wuesskäerzen, déi awer deier waren an dobäi nët hell geliicht hun. D'Uelechluuchten hu vill Damp a Gestank gemaach. Stroossełuuchte gouf et esou gutt wéi keng. Déijéineg, déi an der Nuecht hu misse raus, hun hir Luucht selwer misse mathuelen.

Nëmmen dee, dee mol an eent vun denen alen Haiser um Fëschmaart ragesin huet, kann sech e Bild dovu maachen, wéi déi Leit fréier gewunnt hun. Wann d'Haus en Haff hat, war e gewéinlech nët méi grouss wéi e Kamäin, an d'Sonn as esou gutt wéi ni dohinner komm. D'Zëmmeren an den Haiser waren zimlech kleng an enk. D'Schlofkummeren hate meeschtens keng Fënster. Et as also nët vill Luucht an och keng frësch Loft era komm. En Haus mat e puer Stäck hat eng Wendeltrap aus Steen, un deer e Seel houng. Hei konnt een sech drun upake, fir erop oder erof ze goen. Am Laf vun de Joren sin d'Trepplécken, déi aus Sandsteen waren, ofgenotzt. Et huet een da besonnesch missen oppassen, fir nët méi séier donidden ze sin, wéi een et wiirklech wollt.





Corniche

Grouss Geschäfter gouf et keng um Fëschmaart. An denen enke Raim waren d'Wueren openeegetässelt, an d'Fënstere ware vill ze kleng, fir vill kënnen ze weisen. D'Handwierker sin och meeschtens ouni Fënster auskomm; si haten et nët néideg, fir déi Artikelen, déi si fabrizéiert hun, ze weisen.

D'Feiergefor um Fëschmaart war och ganz grouss. D'Haiser stoungen zimlech openeen, a si ware mat Stréi oder hëlze Plättercher (Schandele) gedéckt. Fléisse Waasser gouf et och nach nët.

Ëm 1388 geet zwar rieds vu Pavé an de Stroosse vun der Stad, mä vu Propretéit konnt een awer nach nët schwätzen. D'Leit hun sech et einfach gemaacht, an hire ganze Knascht an d'Strooss gehäit. Dacks waren d'Stroossen esou voller Dréck an Offall, datt kee Mënsch méi derduerch koum.

D'Stadverwaltung huet d'Stroossen nëmme botze gelooss, wann et onbedéngt néideg war, oder wann sech héie Besuch ugemellt hat. Am Jor 1456 sin d'Maartplaz an d'Stroossen an der Ëmgéigend gebotzt gin. Fir wat dës Actioun? De franséischen Dauphin war op Lëtzebuerg komm. E Jor méi spéit, also 1457, waren d'Waassergaass an de Bredewee un der Rei. Wéi et schéngt, war et esou schlëmm, datt emol kee méi duerch d'Gaasse reide konnt. Am Jor 1462 gouf de Maart gebotzt. 12 grouss Kare voll Mëscht an Dreck goufen ewechgefouert.

Eng vun de Stroossen, an denen ewell am Mëttelalter décke Verkéier war, war d'Fleeschiergaass. Déi Zäit war se nach vill méi enk wéi haut. Vun der Fleeschiergaass goung eng Trap erof op de Fëschmaart.

De Fëschmaart huet, wéi dat ewell gesot gouf, nët ëmmer esou geheescht. Et war ganz einfach «de Maart» a méi spéit den «ale Maart». Et däerf een den «ale Maart» och nët mat der «aler Stad» verwiesselen. Déi «al Stad» war nët dat, wat mir haut de Fëschmaart nennen. Am Mëttelalter war d'Alstad dat Gebitt, dat bannenzeg der éischter an der zweter Réngmauer war. Op der Plaz an an de Stroossen an der Ëmgéigend hun d'Händler, d'Handwierker an d'Aarbechter gewunnt.

Op dem Fëschmaart, do wou spéider den Anton Pescatore säi Gaart hat, stoung en alen Tuerm, deen zu der éischter Réngmauer gehéiert huet. De Provinzialrot huet dësen Tuerm als Archiv benotzt. Spéider gouf en als Prisong ëmfonktionnéiert. Dësen Tuerm stoung bal 900 Jor. Den 1. Abrëll 1814 huet d'Domänenverwaltung e versteet, a kuurz drop gouf en ofgerappt. Wéi een noliese kann, gouf et nët wäit ewech nach en aneren Tuerm, dee beim spéidere Werlingshaus stoung.

## «Ënnert de Stäiler»

An dene klenge Bichelcher, an denen d'Touriste bliederen, wann se duerch d'Stad trëppelen, steet dës kleng Notiz: «Haus in spätgotischem Stile; die Renaissance-Vorhalle ist aus der französischen Zeit, sie diente als Hauptwache. Interessant sind die gotischen Maßwerke über den Fenstern des ersten Stockwerks. An der Fassade des Hauses ein sehr schönes Heiligenhäuschen, eine Selbdritt – Mutter Anna mit dem Jesukind auf dem Arme und vor ihr Maria in anbetender Stellung – mit reich gegliedertem Baldachin, das der Beachtung des Kunstkenners wert ist».

D'Haus «Ënnert de Stäiler» as bestëmmt dat Haus um Fëschmaart, wat am meeschte geknipst gët. Fréier gouf och nach «an Ditschen» oder «d'Ditschenhaus» dofir gesot. Et as ewell e sëllechen iwwer dëst Haus geschriwwen an erzielt gin, awer bis elo weess nach keen esou richteg, wat mat em lass as. Wat war dat Haus fréier? Wor et e Gemengenhaus? Wéini as et wiirklech gebaut gin? Dëst sin nëmmen e puer Froen, op déi mir eng Äntwert sichen.

An de Publikatioune vun der Section Historique steet, et wir dat eelst Haus an der Stad an et wir fréier eng Haaptwuecht gewiest. De Professer Engling as der Menung et wir e Gemengenhaus gewiest, dat zer Zäit vum Grof Sigfrid gebaut gouf.

Et as awer kaum unzehuelen, datt d'Haus nach aus deer Zäit staamt, mä et muss een sech awer d'Fro stellen, ob nët dach e Gemengenhaus op dëser Plaz stoung. De bekannte Professer Van Werveke huet gläich zwou Theorièn opgestallt. Hie seet, datt bannenzeg der éischter Réngmauer kee Gemengenhaus gestan hätt, a bis 1244 hätt dovun och nët kënne rieds goen. Et kënnt awer sin, datt do e Wuechthaus war, well géint Enn vum 17. Jorhonnert hate verschidde

Wuechten an der Stad ähnlech Arkaden, wéi z.B. d'Wuecht op der Plëssdarem, de «Cercle».

Fir d'Bewaache vun der Stad z'organiséieren, koumen d'Bierger am Gemengenhaus zesummen. Nodeem wat een nosiche kann, hätt dat awer ongeféier op der Plaz vum Palais misse ston. De Professer Van Werveke mengt, datt dat Haus «Ënnert de Stäiler» engem Händler gehéiert hätt. Ënnert den Arkaden hätt hien séng Wuere kënnen ausstellen.

Deer selwechter Haiser gouf et och zu Iechternach, Stroossbuerg a Metz. Et gët allgemeng ugeholl, datt och d'Metzler, d'Bäcker an aner Händler an ähnlech Haiser um Fëschmaart gewunnt hun. Grad wéi an Däitschland gouf och hei zu Lëtzebuerg dofir den Ausdrock «Laube» gebraucht.

Mir hun awer och gesinn, datt um Fëschmaart eng ganz Partie Haiser stoungen, déi nët esou grouss an esou dichteg waren, well et eben un deer néideger Plaz gefeelt huet. Et muss een sech dann awer froen, wann et deer dichteger Haiser méi gouf, déi jo an engem Stil gebaut waren, deen hei bei äis nët esou hefeg wor, fir wat sin dann nët méi deer Haiser erhale bliwwen?

De Paul Würth gleeft och nët, datt d'Haus «Ënnert de Stäiler» e Gemengenhaus wor; dëst hätt éischter op deer Plaz kënne stoen, wou soss d'Kanzlei stoung.

D'Haus selwer verréit äis op kee Fall de Baustil aus der Zäit vun den éischte Grofen. Am 15. an 16. Jorhonnert as et bestëmmt déi eng oder déi aner Kéier beschiedegt gin, an dono erëm nei opgebaut gin. Den Henri de la Fontaine mengt, d'Haus wir zu engem gudden Deel eréischt Mëtt 1700 gebaut gin, well et wiren dobäi Steng verschafft gin, déi vun aneren Haiser stamen, déi op der Plaz stoungen, an ëm déi Zäit ofgerappt goufen. Hien erënnert och drun, datt 1666 d'Façade vum Provenzialrot zer Stroossesäit hin, nei gemaach gouf, an datt 1685 d'Gebai vun der Kanzlei ofgerappt gouf.

Et as awer och ganz interessant ze wëssen, datt am Staatsmusée um Fëschmaart e Fënsterstee versuergt gët, deen entweder vum Gebai vum Provenzialrot oder vun der Kanzlei staamt. Dëse Steen huet genee déi selwecht Beaarbechtung wéi d'Fënstersteng um éischte Stack vum Haus «Ënnert de Stäiler».

Den Henri de la Fontaine kënnt doraus zer Conclusioun: d'Haus gouf tëscht 1666 a 1685 renovéiert, an heifir goufen d'Steng vun denen Haiser gebraucht, déi op der Plaz ofgerappt goufen. Den Här Van Werveke as awer nët deer Menong. Hie seet, datt d'Haus nët viru 1443 hätt kënne gebaut gin, well wéi d'Burgunder an der Nuecht vum 21. November 1443 d'Stad iwwerfall hun, wir alles a Brand gestach gin. D'Sachsen, déi sech an d'Festung um Bock zréckgezun haten, haten och all Haiser um Fëschmaart duerch Kanounekugelen zerstéiert. Ënnert all dësen Haiser wär, an dorun zweiwelt hien nët, dach och d'Haus «Ënnert de Stäiler» gewiest.

An engem Dokument vum 20. Februar 1491 geet rieds vun engem Haus, dat «Den Engel» genannt gët. Dëst Haus stoung tëscht dem neien Haus «Ënnert de Stäiler» an deer Gaass, déi an de Bredewee féiert. Dat kann deemno nëmmen d'Haus Ditsch gewiest sin, dat no der Belagerung vu 1489 nei opgebaut gouf.

De Professer Medinger datéiert d'Haus op kuurz viru 1500. D'Stäiler vum Balkan wire 1691 gebaut gin (dësen Datum fanne mir um lénke Säitebau). Dat war an der Zäit vun der franséischer Herrschaft; d'Haus hätt dunn als Wuechthaus gedéngt. D'Nopeschhaus, haut Haus Nr. 4 aus der Logegaass, sou gët ugeholl, hätt och Arkade gehat, an et gët souguer fir méiglech gehal, datt dës zwee Haiser nëmmen eent gewiescht wiren.

1855 huet d'Regéirong d'Selbdrittgrupp vum Sculpteur Luja restoréiere gelooss. De Staatsarchitekt Karl Arendt huet dës Aarbecht geleet.

## Wann d'Héichfinanz …

… ouni Regar d'Bourse kraachen deet,
da gët mat Klenge Klengholz gemeet
an alles, wat mat am Kriibsekuerf sëtzt
vu klengem Gekriibs, gët futti gepëtzt.

*Robert Siuda*

recht. D'Recht fir e Referendum ofzehale gët an d'Grondcharta ageschriwwen.

Et as iwregens dat Recht dat zwee Referendumen am Jor 1919 an am Jor 1939 méiglech gemaacht huet. Déi Referendume vun 1919, op deer enger Säit, erlaben d'Dynastiefro ze léisen, fir d'Monarchie bäizebehalen an dem Gestreits doriwwer en Enn ze maachen, déi dat politescht Liewen elle belaascht huet; op deer aner Säit, fir d'Wieler ze froen, ob se léiwer eng Wirtschaftsunioun mat Frankräich oder mat België wéllten. De Referendum vun 1937, wou elo un de 50. Anniversaire erënnert gouf, huet dem Versuch en Enn bruecht, deen als Zweck hat d'kommunistesch Partei ze verbidden.

No 1919 gët bal 30 Jor nët méi un d'Konstitutioun geréiert. Et muss ee waarde bis nom zwete Weltkrich, éier de Legislateur, de Gesetzgeber, d'ekonomesch an d'sozial Rechter an d'Konstitutioun aschreift an datt Lëtzebuerg d'Méiglechkeet schaaft, fir mat an Europa eranzekommen. Am Jor 1948 gin d'Naturrechter vum Mënsch a vun der Famill mat dra verankert.

D'Recht op Aarbecht an d'Recht dovun an dorop gin assuréiert. D'Recht op sozial Sécherheet, d'Recht op de Schutz vun der Gesondheet an d'Recht op Roudeg (Sonndesrecht) vun den Aarbechter, wéi d'Gewerkschaftsfräihete gi garantéiert. D'Handels- an Industriefräiheet, d'Beruffsfräiheet a vun der Aarbecht an der fräier Landwirtschaft gin affirméiert.

D'Konstitutioun erlaabt 1956, datt Lëtzebuerg dem Vertrag vun der CECA a méi spéit dem Vertrag vu Roum bäitriede kann. D'Revisioun vun 1972 demokratiséiert de politesche Regim nach méi. Fir mat stëmmen ze goe brauch een nëmme méi 18 Jor al ze sin; fir gewielt ze gi brauch een nëmme méi 21 Jor ze hun. Et as och méiglech fir déi, déi am Ausland wunnen och mat stëmmen ze kënnen.

D'Revisioun vun 1979 an 1983 brénge wéineg Ännerongen. D'Modifikatioun vun 1979 huet haaptsächlech förmlech Upassunge bruecht, an déi vun 1983 huet nëmmen d'Sträiche vun der Mentioun «ainsi Dieu me soit en aide» an dene 4 feierleche Formele zer Folleg.

Et gouf du keng eneg, qualifizéiert Majoritéit fir déi etlech wichteg Problemer ze léisen, déi sech gestallr hun, déi sech dofir haut och nach stellen an déi een a véier Rubrike kann andelen.

Fir d'éischt as et d'Fro fir d'Kontroll vun der Verfassungsméiglechkeet (Konstitutionalitéit) vun de Gesetzer. Muss een d'Konstitutioun géint de Legislateur, de Gesetzgeber protegéieren?

D'Grondcharta as duurch den Artikel 95 vun der Konstitutioun géint d'gesetzgeberesch Gewalt protegéiert, deen d'Geriichter ermächtegt d'Uwennung vun allgemengen a lokale Reglementer an Arrêt-en ze verhënneren, wa se géint d'Verfassung oder géint d'Gesetz sin.

D'Grondgesetz as geséchert géint all *Ugrëff* vun der Justizgewalt, well den Art. 237 vum Code pénal (Strofgesetzbuch) strooft d'Riichter, déi sech an d'Kompetenz vun der gesetzgeberescher, legislativer Gewalt amëschen, sief et duurch Reglementer an dene gesetzgeberesch Bestëmmunge sin, sief et, datt d'Ausféiere vun engem oder méi Gesetzer verhënnert oder opgeschuppt, sief et datt se driwwer deliberéieren, fir ze wëssen, ob déi Gesetzer ausgeféiert solle gin.

D'Grondgesetz as par konter nët géint de Législateur, Gesetzgeber, protegéiert. Keng konstitutionnell Bestëmmung erlaabt de Geriichter nach iirgend enger anerer Institutioun, op direktem Wee d'Konformitéit vun de Gesetzer ze kontrolléieren. A well d'Geriichter déi selwecht Kontroll iwwer en Zwëschewee (Niewewee) nët wëllen, wa se deklaréieren, datt si nët ermächtegt sin d'Ausféiere vun den nët konstitutionnelle (nët verfassungsméissege) Gesetzer ze kontrolléieren, dann as d'Grondcharta apaart liicht ze verletzen (vulnerabel). Et muss een sech och froen, wann een un de Montesquieu denkt, dee geschriwwen huet am «Esprit des lois», datt jiddereen, dee Muecht huet, verféiert as, dovun Mëssbrauch ze maachen an, datt et muss sin, datt d'Muecht d'Muecht muss ofstellen; ob et nët onbedéngt néideg as e konstitutionnellt Geriicht ewéi an de Verenegte State vun Amerika an an der Bundesrepublik Däitschland, oder e konstitutionelle Conseil, wéi a Frankräich oder eng grad esou Institutioun ze schafen, wou awer entsprieche Bestëmmungen driwwer bestoe mussen, fir datt déi

sech nët an eng Riichterregirung transforméiert?

Et stellt sech dann d'Fro vun der Unerkennung vun de politesche Parteien um konstitutionnellen a gesetzleche Plang. D'politesch Parteie spillen eng ganz wichteg Roll an eiser Demokratie. De Maurice Duverger huet mat Recht behaapt, datt si d'Mëttler sin tëscht de Gewielten an de Wieler. Et sin d'politesch Parteien, déi dem Wieler erlaben e politesche Choix ze maachen, déi, an deem datt se Lëschten opstellen an duurch d'Ënnerstëtze vu Kandidate maachen, datt d'Députéiert gewielt gin an déi, wann d'Regirung forméiert gët, de Regierungsprogramm opsetzen an déi Leit bestëmmen,déi op d'Regirungsbänk sëtze kommen. An dach, widder d'Konstitutioun, nach d'Gesetz, nach d'Reglement vun der Châmber erkennen hir Existenz un am Géigesaz vun deem, wat a Frankräich, an Italien, an der Bundesrepublik Däitschland, an de Verenegte State vun Amerika geschitt. Sollten déi Lëtzebuerger Mêmbren, déi d'Konstitutioun ausschaffen nët vun hirer Säit aus, d'Existenz vun de politesche Parteien an der Grondcharta sanktionnéieren?

An dann soll de Kapitel, deen sech op d'Grondrechter bezitt, déi den Eenzelne géint den eventuellen Arbitraire vum Stat nët komplementéiert gin an déi sech op d'Artiklen 23, 26 an 28 vun der Konstitutioun bezéien, wou et ëm d'Recht vum Unterrécht, der Veräinsfräiheet an dem Bréifgeheimnis geet, wéi d'Deklaratioun vun der konstitutionneller Revisioun vun 1948 virschléit, a bei de konstitutionnelle Rechter déi bestin, d.h. bei déi elementar Rechter, bei déi Grondrechter, politescher, wirtschaftlecher a sozialer bäisetzt, deer hir Noutwennegkeet sech am Laf vun dene leschte Jore gewisen huet, wéi c.a. d'Recht op eng gesonn an ausgeglachen Ëmwelt. Dee Problem as iwregens nët eleng zu Lëtzebuerg. Soll ee sech wonneren, wann den zwete Weltkongress vun der internationaler Associatioun vum konstitutionelle Recht, deen 1987 wor, een Deel vun dësen Aarbechten de Mënscherechter, der sougenannter drëtter Etapp, d.h. dem Recht op Fridden, dem Recht op Entwécklung, dem Recht op eng gesonn an ausgeglachen Ëmwelt, dem Recht op allgemenge mënschleche Patrimoine asv., konsakréiert huet?

Wou kënnt egentlech deen Numm, déi Bezeechnung hier, déi aus der Sprooch vun der Informatik schéngt ze sin a wat bedeit se? Et besteet eng éischt Etapp vu Mënscherechter, op deen Enzelnen zentréiert, kodifizéiert duurch d'amerikanesch Onofhängegkeetsdeklaratioun an duurch déi franséisch Deklaratioun iwwer d'Rechter vum Mënsch a vum Biirger vu 1789, déi vun eiser Konstitutioun vun 1868 sanktionnéiert as gin. Et sin d'Grondrechter, wéi d'Gläichheet virum Gesetz, déi individuell Fräiheet, d'Onverletzlechkeet vun der Wunnéng, d'Bréifgeheimnis, d'Onverletzlechkeet vum Egentum, d'Reliouns- a Gewëssensfräiheet an d'politesch Rechter, wéi d'Pressefräiheet, d'Veräinsfräiheet an d'Versammlungsfräiheet.

Eng zweet Etapp vun de Mënscherechter verankert d'sozial a wirtschaftlech Rechter. Si as a Frankräich faktesch duergestallt an der Präambel vun der Konstitutioun vum 27. Oktober 1946 a bestoe bliwwen duurch d'Konstitutioun vun der 5. Republik an a Lëtzebuerg duurch d'Verfassungsrevisioun vun 1948, déi d'Recht op Aarbecht, d'Erfëlle vun deem Recht, d'Recht op sozial Sécherheet, d'Gewerkschaftsfräiheten, d'Handels- an Industriefräiheet, wéi och d'Recht op e fräie Beruff an op d'Aarbecht an der fräier Landwirtschaft.

Déi drëtt Etapp vun de Mënscherechter beréiert d'Rechter vum Mënsch, op kulturellem Gebitt, op dem gemeinsame mënschleche Patrimoine. Mä kënnen déi grouss Prinzipien, déi nët ze bestreiden an allgemeng sin, als Rechter deklaréiert gin, zu Rechter erhuewe gin, wa kee richtegt unerkannt, a geneet Ausléie vun dene Rechter besteet, wa keng Riichter do sin, déi a strittege, kriddlege Fäll ugeruff kënne gin, wann Iwwergräff vun dene Rechter entstin, dann as d'Äntwert vun de Verfechter vun der klassescher Opfaassung negativ? Soulaang déi Mënscherechter vun der drëtter Etapp nët *méi* am Gewëssen an an der Saach entwéckelt sin, datt se éischter nach eng Fro vu Moral ewéi Recht sin, schéngt e besser ze sin se fir d'éischt an international Verträg festzeleën (anzeschreiwen), quitt datt se méi spéit (dono) an d'konstitutionnell Normen erakommen, vun der Konstitutioun sanktionéiert gin?

Schliislech bleift d'Fro (ze wëssen), ob et nët ënner Ëmstänn gutt wir, d'Konstitutioun vun

1868, an der Form an am Fong, un d'Realitéite vum Jor 2000 z'adaptéieren, Wann och d'Grondcharta e puermol revidéiert as gin, schéngt se dach munnechmol almoudesch a vereelzt. Hei e Beispill: Et gët zu New-York eng Stëftung genannt Freedom House (Haus vun der Fräiheet), déi haaptsächlech fir d'Vereent Natioune schafft. Nun, zënter 1972 mécht d'Freedom House all Jor eng Ëmfro iwwer de Stand vun der Fräiheet an de Mêmber-State vun den Vereenegte Natiounen. D'Stëftung klasséiert d'Staten nom Grad vun der Fräiheet no de politeschen an den zivile Rechter an zwou Kategorien, déi vun 1 bis 7 gin. D'Staten, déi am meeschte Fräiheet hun, stin a Klass 1, déi manner Fräiheet hun an de Klassen 2 bis 7, je nom Grad vun der Fräiheet, déi d'Biirger hun. 1977 stong de Groussherzogtum fir d'zivil Rechter a Klass 1, a fir d'politesch Rechter a Klass 2. De President vun der Lëtzebuerger Regirung, deen deemools och President vun der Generalversammlung vun de Vereenegte Natioune wor, huet bei de Verantwortleche vun der Stëftung Explikatioune gefrot an e krut geäntwert, datt déi Expären, déi op de Verfassungstexter geschafft hun, fond hätten, datt déi Lëtzebuerger Konstitutioun dem Groussherzog deermoosse Gewalt zougesténg, datt de Grad vun der politescher Fräiheet dorënner géif leiden. Dat fir ze weisen wéi den Text vun der Konstitutioun dër Wiirklechkeet nët entsprécht. Iwregens zënter 1978, op Grond vun den Explikatioune vu Lëtzebuerg as et redresséiert gin an cist Land steet no der jeërlecher Ëmfro vum Freedom House an der Kategorie vun dene Länner, déi am meeschte Fräiheten hun, d.h. an der Klass 1, souwuel fir d'politesch wéi fir d'zivil Rechter.

'T as iwregens och dofir, fir deer Saach ofzehëllefen, datt d'Dëpëtéiert bei all Revisiounsdeklaratioun vun der Konstitutioun ënner den Artiklen, déi ze modifizéiere sin, eng gewëss Zuel vun denen erabréngen, déi am Laf vun der Zäit schéngen anachronistesch a vereelzt ze sin. Sou brauch ee sech nët ze wonneren, datt eng Serie vu Modifikatiounen aus der Deklaratioun vun der Revisioun vun 1984 nëmmen Detail- an Terminologiefroen hun. Et gët haaptsächlech proposéiert am Artikel 45 vun der Konstitutioun den Term «Conseiller de la Couronne» duurch dee bessere «Mêmber vun der Regirung», d'Formulatioun vum Artikel 53 ze revidéieren, wou den Term «interdit» nët méi passt no der Modifikatioun vun de Bestëmmungen iwwer d'Protektioun vun den «incapables majeurs», déi mannerjäreg gemaacht si gin, an den Artikel 91 ze änneren, déi Bestëmmung, déi festleet, datt d'Riichter op Lieweszäit genannt gin, wou dach déi Regel nët méi mat deem Prinzip konkordéiert deer d'Riichter, wéi all Fonktionnären, ënnerleien, d'Altersgrenz; datt dernieft den Ënnerscheed tëscht de Bezirksriichteren an de Conseiller-e vum ieweschte Geriichtshaff, op deer enger Säit, an de Friddensriichter op deer aner Säit, keng Berechtigung méi huet, all Beruffsriichter sollen dee selwechte Statut hun. Iwregens as virgeschloe fir am Artikel 121 déi Bestëmmung ze sträichen, déi d'Ofschafe vu Statekonstitutionen vum 12. Oktober 1841 verbitt, déi jo dach e puermol aus sech selwer ersat si gin.

Et as och virgesin am Artikel 63, d'Ofstëmmen duurch Namensopruff duurch en elektronescht Ofstëmmen ze ersetzen, de Staatsrot nët méi an der Konstitutioun als en Unhank vun der Regirung schéngen ze loossen, mee en extraën Artikel fir déi Héich Korperatioun ze schafen, an deem hir Attributiounen, no der organescher Legislatioun, déi a Kraaft as.

Am Artikel 97 as virgesin fir d'Polizei op déi gläich Basis mat der Gendarmerie ze setzen an domat d'Organisatioun an ee Gesetz ze faassen, wéi dat ewell de Fall fir d'Gendarmerie as. Et as nach proposéiert fir nom Artikel 99 de Verkaf vu klenge Grondstécker, déi dem Stat séng sin, nët méi d'formell Erlaabnes vun der Châmber missen ze hun.

Déi Virschléi si manner wichteg. Mee et as ubruecht an néideg den Text vun der Konstitutioun an eng aktuell Form ze bréngen, eng Terminologie, déi dacks méi wéi 100 Jor al as, ze modifizéieren an d'Regelen, déi Bezuch op d'Organisatioun an op de Fonktionnement vun der Gewalt hun un d'politesch, wirtschaftlech a sozial Realitéit vun eisem demokratesche Staat unzepassen, dat Ganzt fir datt d'Konstitutioun vum Biirger als eng lieweg Realitéit opgeholl an als Grondlag vun eisen Institutiounen ugesi gët.

Et wir awer falsch d'Verfassungsrevisioun op déi formal Modifikatiounen oder vu manner

Importenz ze limitéieren, wéi dat am Jor 1979 an apaart am Jor 1983 de Fall wor.

Gutt geduecht as och, wann d'Verfassungsrevisioun un Evenementer denkt, déi komme kënnen a viraussetzt, déi d'Liewesaart vun der ganzer Populatioun bestëmmt a veränneren. Et woren esou Evenementer, déi am Ufank vun der Revisioun vun 1919 an 1948 stongen an doriwwer eraus och déi vun 1956 an 1972.

Wann dat nët de Fall as, da riskéiert d'Châmber, datt se stänneg am Zoustand vun enger «Constituante» as, wat gewëss nët am Sënn an am Geescht vun den Auteure vun der Grondcharta an nët gënschteg, fir déi néideg Stabilitéit vun eisen Institutioune wir.

D'Verfassungsrevisioun verlaangt, datt nieft de formalen a klengen Ännerungen déi grouss Problemer och ugepaakt gin, nämlech d'Kontroll vun der Verfassungsméissegkeet vun de politesche Parteien an d'Fro vum Ausbau vun den öffentleche Rechter. Wann d'Léise vun dëse Problemer sech als onméiglech géif erweisen, well keng gëegent qualifizéiert Majoritéit an der Châmber wir, an, dat och bei de politesche Parteien, da wir et besser d'Prozedur vun der Revisioun nët unzefänken. Gewëss, et as schwéier ze wëssen, ob eng Revisioun eng gëegent Majoritéit vun Dëpëtéierten zesumme kritt, ëmsou méi, well et eng laang a schwireg Prozedur as. Fir d'Grondcharta ze ännere muss fir d'éischt eng Revisiounsdeklaratioun do sin, déi d'Artiklen alleguer opzielt, déi geännert gin.

Wann eng Kéier d'Revisiounsdeklaratioun ugeholl as, dann as d'Châmber automatesch opgeléist an et mussen nei Walen an denen 3 méint dono, no der Opléisung, sin.

Da, fir d'Konstitutioun ze änneren, mussen 3/4 vun den Dëpëtéierte vun deer neier Châmber do sin, an 2/3 vun dene stëmmen d'Revisioun. Iwregens, de Grousshcrzog muss séng Zoustëmmung gin.

An deem Zesummenhank kann et intressant sin ze soen wéi déi Schwäizer et gemaacht hun, deer hir Konstitutioun vun 1848 datéiert, fir d'Revisioun unzegoen.

E Grupp Politiker, juristesch a wirtschaftlech Expären, Gewerkschaftler an aner Personalitéiten, am ganzen 42 Leit, sin ënner der Presidentschaaft vum Justizminister beienee komm an hun e Revisiounsprojet iwwer déi ganz Grondcharta ausgeschafft, Projet, dee fir vill Artiklen eng odder méi Alternative gin huet. De Projet gouf an en etlech 100.000 Stéck gedréckt a gratis un d'Biirger an un déi, déi derno gefrot hun, verdeelt.

Déi Texter, déi virgeschloen an apaart d'Alternativen erlaben et de Politiker an de Biirger de Beräich an den Ëmfank, d'Ausmooss vun der Revisioun, déi geplangt as, besser ze iwwersin an ze wëssen wéi wäit se geet, quitt et sin ze loossen, wann et keng gëegent Majoritéit gët, fir se unzehuelen.

Op alle Fall, an ech schléisse mat dëser Feststellung, 't as andeem d'relativ Onverännerlechkeet vun der Konstitutioun respektéiert gët, wou Upassungen un d'Fuederungen un déi modern Welt a kuurzen odder laangen Ofstänn geschéie kënnen, datt de Gesetzgeber (Legislateur) der Grondcharta hire Virrang (Virrecht) an hir Wiirksamkeet séchert, datt en d'Permanenz an d'Fonktionnement vun den Institutioune garantéiert an datt en erlaabt dem Eenzelnen, am Hibléck op d'Staatsgewalt, Gebrauch vun de Grondrechter voll a ganz ka maachen.

## Dat, wat et as

Roserei op Kéip geheeft
as Polfer konservéiert
an d'Gal, déi iwwerleeft,
an 't huet säi Wäert a Goldgewiicht,
wann ee ka merci soen.

## D'Ieselsversprieche virum Walbureau

*(fräi nom H. Heine)*

Ech stin hei als Iesel ganz stolz an der Rei
a wëll wi virdru schon eis Pappe getrei
mech bei de Walen
wi e richtegen Iesel verhalen.

*Robert Siuda*

Tom Thies

# Den Indianer-Jo

Et wor an der Mëtt vun den drësseger Joëren, wéi den Hanne-Pier, ouni Fra a Kanner ze hannerloossen, gestuerwe wor, a séng ganz Saach u séng Sëschter koum, déi alles versteë gelooss huet.

Den Hanne-Pier hat eng etlech Lännereien, dovun zwee bedeitent Akerstécker, déi eng Onmass friem Baueren a Spekulanten an eist Duerf gefouert hun. Dem Pier säin Haische wor jo alt nët méi vill wäert, ower et gouf dach nach e Grapp voll Aarbechter, déi sech derfir intresséiert hun.

D'Stä wor am Aascht – Vakanzzäit – mär Bouwe sutze bei Pëpplech Beeb op der Virgäertchesmauer fir ze virwëtzen, wat fir eng Leit dann op d'Stä kéimen. Hun eis déi schéi Päärd, Kutschen an Autoë bekuckt, déi soss ni an eist klengt, vum grousse Verkéier ofgeschniddend, Duerf koumen.

D'Plaz virun der Duerfwiirtschaft huet sech lues a lues gefëllt.

Eng Véierelstonn virun der Stä koum vum Nopeschduerf, wou eng Gare wor, e grousse Mann hier, dee vu Kapp bis Fouss ganz schwaarz geklect wor. Wéi e méi nobäi wor, huet ee gesinn, datt säin Hoër schwaarz wor a säi Gesiicht grad esou mat engem schwaarze Baart gerëscht wor.

Iët de «Schwaarzen» am Bistro verschwonn as, huet en eis Bouwe beluusst, säi Gesiicht zou engem Grénge verzun. Ech muss soen, datt mär Bouwen houfreg woren, wéi den Hunn op sénger Mëscht.

E grousse rouden Auto mat enger schwaarzer Sträif an der Mëtt huet eis ower gläich de «Schwaarze» vergiesse gedoen. En Auto, vun deem ee gemengt huet, e wär eréischt virun e puer Stonnen aus der Fabrek koum. E wor vun enger wonnerbarer rout schwaarzer Faarf a bannendran aus wäissem Lieder. Déi méi al Komeroden hu gemengt, dat wir den Auto vum Här Notär. Notär, dat wor deemools en Numm ënnert deem ech mer nach näischt virstelle konnt.

Kaum wor den Här Notär, deen e räichen Här huet misse sin, fir sech esou en Auto kafen ze kënnen, am Bistro, hu mär Bouwen eis d'Nuesen un de Fënstere vum Café platt gedréckt, fir jo nëmmen alles matzekréien.

Fir den Aarbechter lass ze gin, huet den Här Notär mat dem Hanne-Pier séngem Haischen ugefaangen, dat dann och en Aarbechter vum Entrepreneur Schmid gestät huet.

De «Schwaarzen» sutz an engem Eck, no beim Kontuar eng Päif no deër aner ze fëmmen, sou, wéi wann dee ganze Kamellebuttek hien näischt ging ugoën. Eréischt wéi dem Hanne-Pier säi Bësch, vun ca fofzeg Ar, un d'Rei koum, as e lieweg gin an huet eng Zomm genannt, sou datt denen aneren Intresséierten d'Maul opstoë blouf.

E puer Wochen no der Stä as e Camion mat Dunnen, Laten a Brieder virun de Bësch komm, déi de «Schwaarzen» ofgeluеden huet. Domat huet e sech dann, mat der Hëllef vun ons Bouwen, en Haische gezammert an dat e wunne gaang as, wéi et fäerdeg wor.

Ech brauch jo wuel nët extra ze erinnmen, datt mär Bouwen all eis Fräizäit beim «Schwaarzen, deen sech Jo» genannt huet, verbruecht hun.

Nët méi ewech ze brénge wore mer, wéi dem Jo séng Saachen, déi a grousse Këschten ukoumen, ausgepaakt goufen. Wat do alles ze gesi wor: Béi, Pfeiler, Gewierer, Säwelen a Pistoulen; a soss Saachen aus den amerikanesche Kricher. Fotoë vun Zaldoten, Generäl an amerikanesche Präsidenten, vun Indianerhääpster, a wat soss nach alles – en décke Koup Bicher a munneche Sproochen.

Vun do un, hu mer de «Schwaarzen» ëmmer «Indianer-Jo» genannt, wat e ganz houfreg

gemat huet. Stonnelaang konnt den Indianer-Jo verzielen a mir Kanner sin nët midd gi mat nolauschteren.

No der Schoul si mer bei den Indianer-Jo gelaf, deen eis bei de Schoulaufgabe gehollef huet, sou datt de Schoulmeeschter gemengt huet, den hellege Geescht wir iwwer äis komm.

Joër fir Joër sin der aus der Schoul komm, si schaffen oder an d'Léier gaang, a konnten nët méi bei den Indianer-Jo goen. Dofir hun ower méi jonker sech drëm gestridden. Déi déi d'Gléck haten zwee Joër laang mat bei de Jo ze goen, hu méi vun der amerikanescher Geschicht gewosst, wéi se je an der Schoul hätte léiere kënnen. Awer nët nëmmen dat: De Jo as mat äis iwwert d'Gewan gelaf an huet äis do iwwer Planzen an Déieren Extrastonne gin, déi muneecherengem spéider gutt Déngschter geläächt hun.

Wéi den 10. Mä 1940 de Krich tëschent de Fransousen an de Preisen ugaang an alles an d'Frankräich gelaf as, sot den Indianer-Jo: « Ech lafen nët wäit, an zéng Deg as et eriwwer mat de Fransousen!»

D'Leit hu gelaacht, a sech ewech an d'Frankräich gemat. De Jo ower as, wéi en et gesot hat, a séngem «Bungalow» sëtze bliwwen, huet all muerges, wéi vum éischten Dag un, datt e säin «Home» bewunnt huet, de «Stars and Stripes» – Fändel u séng Staang gezun, – bis enges Owens...

Frankräich wor vun de Preise geschloen. D'Lëtzebuerger, déi an d'Frankräich gelaf woren, fir de Preisen ze entgoen, woren erëm doheem.

Enges Daags, am Hierscht 1940, et wor nach gutt warem, mer sutze virum Jo séngen Dännen an de Jo huet äis e Referat gehal fir wat de Preiss de Krich nët kënnt wannen, obschons d'Fransousen hätte mussen opgin, wéi de Jo de Besuch vun zwéin Häre krut an eis Bouwe gaangs heem geschéckt huet.

Vun deem Dag u wor de Jo verschwonn. Mär Bouwen hun nach e puer Deg laang no em gesicht, a wéi mer sécher konnte sin, datt en nët méi erëm kéim, hu mer no an no all séng Saachen ënnert eis opgedeelt a se mat heem geholl. Enn Oktober hun d'Preisen dem Jo säin Haischen «dem Erdboden gleichgemacht».

Véier Joër nodeem e verschwonne wor, wor den Indianer-Jo op eemol, an amerikanescher Tenue, erëm do, well dem Generol Patton säin Hauptquatéier hat e fir Iwwersetzer engagéiert, nodeem e fir déi franséisch an amerikanesch Arméien de Preisen hir Stellongen ausspionéiert hat.

Nodeem e mam Patton aus dem déifste Frankräich iwwert d'Musel an de Rhäin gerannt wor, as en erëm heem koum.

Ower, et huet dem Jo nët méi hei heem gefall. Zevill Leit, vun denen hie gemengt hat, et wäre gutt Lëtzebuerger, hate sech mat de Preisen agelooss. A wéi en do nach gesinn huet, wéi déi kleng Gielemännercher agefaangen a veruurtelt gi sin, déi déck ower verschount blouwen, huet e säi Bëndel gemat, e geschëllert an as zréck an d'Frankräich.

Bei eis Bouwe vun deemools as en am Kapp hänke bliwen, an dat och nach, wéi erauskoum, datt hien ni en Indianer op den amerikanesche Präirië gesinn hat. De Jo wor Ingenieur gewiescht an hat sech op Schëffer spezialiséiert, op denen e säi ganzt Liewen zoubruecht hat. A séngen Fräizäit op de Schëffer huet en d'amerikanesch Geschicht studéiert. Alles wat de Jo vun Trophaën hat, hat e sech an den Häfe vun der ganzer Welt zesummekaf.

Am Joër 1954 as den Indianer-Jo, ënner séngem richtegen Numm, zu Evian gestuerwen – mä säi Graf konnt ech bis haut nët fannen!

## Eng schwéier Fro?

D'Wourécht riichteraus gesot
as fir eng Zort Leit ganz gewot,
well wie wuel kritt do eng bei d'Këscht,
wa Kleng bei Grouss dat eemol mécht?!

*Robert Siuda*

# Fir eis Blummegäertner!

(an hinnen ze hëllefen, fir esou op lëtzebuergesch ze schreiwen ewéi et sollt sin)

– Elteren
– Mamm(a), Fra
– Papp(a), Mann
– Jong, Jéngelchen, Bouf, Béifchen, Bouwen
– Meedchen, Medercher, Duechter
– Brudder, Bridder, Gebridder
– Schwëster, Sëschter, Schwësterchen, Geschwëster, Gesëschter
– Grousspapp, Bopa, Bopi
– Groussmamm, Boma, Bomi
– Urgrousspapp
– Urgroussmamm
– Monni, Mononk, Groussmonni
– Tata
– Schwéiermamm
– Schwéierpapp
– Schwéierleit
– Schnauer
– Edem
– Nies, Nièce
– Neveu, Nëwi
– Koséng, Cousin
– Kusin, Cousine
– Enkel, Kandskand, Kandskanner
– Enkelin
– Schwéiesch
– Schwor
– Kand, Kanner
– Pätter, Dafpätter
– Giedel, Dafgiedel
– Stéi(f)mamm, Stéi(f)papp, Stéi(f)brudder, Stéi(f)-schwëster, Stéi(f)kand, Stéi(f)jong, Stéi(f)meedchen
– Freier, Freiesch
– Braut
– Komerod, Komeroden, Kumpan
– Kolleg, Kollegen, Kollegin(nen)
– Frënd, Frëndin, Frënn, Frëndinnen
– Bekannter, Bekannten, Bekanntem

– Här, Madame
– d'Famill, d'Familjen

– Comitésmêmber
– Spiller
– Aarbechtskolleg
– Meeschter
– President
– Éierepresident, Éieremêmber
– Sekretär
– Keessier, Caissier
– Grënner, Matgrënner

– de Gesangveräin
– d'Pompjeë(n), de Pompjeesveräin, (d'Pompjeë vu Klierf, d'Pompjeën Esch)
– d'Musek
– de Foussballclub, de Footballclub
– d'Fraen an d'Mammen
– d'Schoulkanner, d'Schoulkomeroden
– d'Aarbechtskollegen
– d'Stodenten
– de Comité
– de Spuerveräin
– de Keleclub
– d'Jongen an d'Medercher
– Gaart an Heem (Sektioun)
– de Jonktemsveräin (Club des Jeunes)
– d'Wëllef, d'Wichtel(cher)

– Liewen an Doud
– Éiwegkeet
– an déiwer Trauer
– Respekt
– Sympathie
– Trouscht
– grousst (groussem) Leed
– lieweg
– verscheed, verscheden
– stierwen
– eiser léiwer Verstuerwener
– eisem gudde Verstuerwenen
– mir vergiessen dech (Iech) nët (ni)
– Härgott, Herrgott
– trei, treie
– Bäileed
– bieden
– Gebiet
– villmools merci
– Begriefnes
– léif, léiwen, léiwem, léiwer
– gutt, gudden, guddem, gudder
– eis, eisen, eisem, eiser (ons)
– mäi(n), däi(n), säi(n), hir, hiirt
– Är, Äert, Ärem
– méng, méngen, méngem, ménger
– déng, séng, hirer

*M. Lamy*

# Wéi mer eise 60. Jubiläum gefeiert hun

Dee Konveniat war am Summer 1979 am Hôtel Mathes zu Ohn. Mir waren nëmme méi zu néng. Déi éischte Kéier wéi mer zesumme koumen, dat war 1915 an der Normalschoul. Dat war an der Zäit vum Schoulsträit nom Schoulgesetz 1912 a wéi d'Normalschoul véier Studiëjoëre krut amplaz dräi. Déi dräi ënnescht Klasse konnt ee man, wou ee wollt: am Lycée, am Kolléisch oder an enger Oberprimärschoul. Et huet ee misst den Exame packen, fir an déi Spezialschoul opgeholl ze gin. Bei äis 1915 goufe vun 73 Kandidaten dër 30 ugeholl (numerus clausus). Et ware vum viregte Joërgank en etlech sëtze bliwen, sou datt mer dann zu 33 an der Klass waren.

Et war och an der Zäit, wéi de geeschtlechen Direkter vun der Schoul Pr Jacques Meyers sollt a Pensioun gon an huet missen ersat gin. Dat huet sech als eng komplizéiert Saach erwisen, et gouf ee Politikum. Et huet missen ee Kompromiss fond gin tëschent den eenzelne Parteien an der Grande-Duchesse Marie-Adelheid. D'Wiel as um Enn op de Kolléischprofesser Nic Schlottert gefall, gebiirteg vu Wolz, wou säi Papp Oberprimärlehrer war. 1919 goufe mer da mam 4. Rang als frësch gebake Schoulmeeschteren entlooss. An esou hate mir, déi lescht néng um Konveniat 79, och alt achzeg Joër. Nom Iesse beim Dessert sin ech vum Dësch opgestan an ech sot: Fir eise 60. Konveniat hun ech e klengt Lidd verfaasst, dat ech Iech elo wëll sangen:

*Haut gët dee schéinen Dag gefeiert,*
*wou mir vru sechzeg, sechzeg Joër,*
*eist Liewensschëff op d'Mier gesteiert,*
*ob Freed, ob Gléck an ob Gefoer.*

*Verfloss sin haut wuel sechzeg Joër,*
*growäiss si laang schon all eis Hoër,*
*mir sin nach ëmmer monter drun,*
*wat hëlleft och wéimren a jéimeren,*
*do huet ee wiirklech näischt dervun.*
*Vun drësseg blouwen der nach néng.*
*Déi sin och haut nach gudder Déng.*
*Jo – Kuck elei – heielei:*
*Sou hieft mat mir äert Glas, léif Gäscht,*
*a prost an drénkt, 't as vläicht fir d'lescht!*

Wéi ech fäerdeg war mat Sangen, hun ech méng Kollege gefrot, op wat fir eng Weis ech dat Lidd gesongen hätt. Si hun sech alt bekuckt bis den Nik Stoffel sot: «Den Hexemeeschter». Den Nik Stoffel war meeschtens Klasse-Primus. Hie gouf spéider Schoul-Inspekter. En huet alt ofgewiesselt mam J.P. Diederich. Dee gouf no weidere Studien zu München Ingenieur-métallurgiste a spéider Direkter vun Arbed-Schëffléng. Den Nik Stoffel as de Begrënner vun der Ligue HMC a vum Institut fir handikapéiert Kanner op der Cap.

No dem gudden Iesse koum dann d'Nofeier. Ënnert äis waren zwéi Komeroden, déi an der Géigend gewunnt hun, zu Beyren an zu Sandweiler. Du hu mer äis opgemaach, fir hiren Dammen eis Reverenz ze man an e «verre de l'amitié» ze drénken. Dobäi sot ech: «Ech hun awer nach eppes fir Iech ze zervéiren, 't as kee Lidd, och kee Gedicht, mä sou eppes spasseg Gereimtes. Dann hun ech virgedron op d'Weis «Aus der Kannerzäit»:

*O Studentenzäit, o Studentenzäit,*
*wéi war 't an der Bud (Normalschoul) sou schéin,*
*'t krut een do vill Schéins ze séin,*
*wann de Lycée koum gesprongen,*
*(de Mederches-Lycée war deemools nach am selwechte Gebai)*
*mol kee Bléck fir äis aarm Jongen.*

*Aarm Studentenzäit, aarm Studentenzäit!*
*'t gouf och do vill bosseg Saachen,*
*wou een haut muss driwer laachen.*
*Schéi Studentenzäit, schéi Studentenzäit!*

ze récitéiren:

*Do war da fir d'éischt eise gudden Alen (Direkter Jacques Meyers)*
*hien huet sech laang op sénger Plaz gehalen,*
*dach enges Daags p p p keimt e lues d'grouss Trap erop,*
*gäer oder nët späert hien dem Schlottert d'Diren op.*
*An dann de Geescht (Religiounsprof Stein), de Geescht war him jo gaangen aus,*
*hie léisst den Dr Weirich eran an d'Haus.*
*De Lux, dee war eng Zäitlaang «Gastarbeiter»,*
*fir Inspekter stodéiert hien dorop weider.*
*De Bouf (Mathésprof Weiwers) gouf jo virun d'Dir gesat,*
*hien huet dem Rippinger Plaz gemat.*
*De Jokes (Dr Jacques Kayser, frans. Prof) hien huet um Pult sech ausgerout,*
*De Goedert (däitsch Pädagogik) schafft sech an äis bal dout.*
*Den Dr Ed. Pierret (Sciences) gesond, exakt a flott,*
*hien huet nach wäit ze goen, e geet nach hott (en as mat 93 gestuerwen).*
*De Jängi (Dr Jean Koppes, Physek), dee kritt den éischte Präis,*
*hie war esou héich geléiert,*
*hien huet schon deemools mam Branly vu Paräis*
*ganz ouni Drot parléiert.*
*De Stippchen (Pr Logelin, art à l'école, Konscht, Economie)*
*keng Baang, keng Angscht,*
*hie mécht lech all déi Aarbecht niewelaanscht.*
*De Schnëssert (P. Barthel, Gesank a Musek) léiert äis Nout fir Nout,*
*mä d'Prüfung mécht en äis ganz kammoud.*
*Den Hemmen (Turnprof) war e gudden ale Mann,*
*hie mouch alt, wat ee maache kann.*
*Den Thommes (neien Turnprof), ee strammen Ex-Zaldot,*
*huet äis a mir och hien alt vill geplot.*

*Jee, 't kann ee son sou iwerheet*
*an engem Wuert, eng gutt Equipe.*
*Vill Gréiss fir si an d'Éiwigkeet!*
*Hurra, hurra, hip, hip!*

gesongen: *O Studententäit, o Studentenzäit,*
*wéi bas du sou wäit... esou wäit!*

Wéi ech gesongen hat «nu prost an drénkt, 't as vläicht fir d'lescht», du hun se all ueregprotestéiert, mä ech sollt recht behalen. An den 80er Joren as een nom anere gestuerwen. Zënter 2-3 Joër sin ech mat 88 eleng iwreg bliwwen.

Méngem veréierte Prof. Pierret hat ech fir den 90. Gebuertsdag gratuléiert. Als Bioprof huet e mir geäntwert: «Vous aimez ruminer le passé». An dat as heimat nach eng Kéier gemaach.

Ech hun et derwäert fond, dat Alles ze verzielen als Undenken u méng gutt Klassekomeroden a Professeren, 't as awer och gewëssermoossen en Zäitdokument iwer d'Schoulliewen ëm 1920.

Jos Harpes, Eeschwëller-Wolz

---

*Mir gratuléieren dem Jos Harpes fir séng 88, déi een dréie kann ewéi ee wëllt, se sin ëmmer d'selwecht; grad ewéi de Mann ëmmer nach d'selwecht as.*

Jean Milmeister

# Wie wor de Grof vu Lëtzebuerg

Den 2. Mee 1943 as den däitsche Generalmajor Wilhelm Faupel mat engem U-Boot an Argentinien ukomm. De Wilhelm Faupel war fir d'éischt däitsche Botschafter beim Franco a Spuenien, bis den Admirol Canaris, de Chef vun der Abwehr, derfir gesuergt huet, dass en ofgeléist gouf. De Faupel gouf duerno Direkter vum «Lateinamerikaneschen Institut» zu Berlin, dat däitsch Agenten no Südamerika geschéckt huet. De Generol W. Faupel as op Buenos Aires gefuer, fir do eng Rei Perséinlechketen ze gesinn, déi Sympathië fir dat Drëtt Räich haten an där gouf e ganze Koup an Argentinien.

Zanter dem Ufank vun eisem Jorhonnert gouf et a Südamerika grouss Gruppe vun däitschen Awanderer, déi et do zu Geld a guddem Ruff bruecht haten. Si hun sech nach ëmmer mat Däitschland verbonne gefillt a gesougen an dem Hitler dee Mann, deen Däitschland no der Ernidderigong duerch de Versailler Vertrag erëm no uewe bruecht huet.

Offiziellen däitsche Botschafter zu Buenos Aires war de Baron Edmund von Therman, en däitschen Adelege vun der aler Garde, ma an der Botschaft zu Buenos Aires gouf et eng ganz Rei vun Agente vun der Abwehr, déi Offizéier an aner Perséinlechketen ënnerstëtzt hun, déi mat Hitler-Däitschland sympathiséiert hun. De Generalmajor Wilhelm Faupel huet dës Leit fir Geheimgespréicher emfaangen.

«Partner waren ënner anerem de Grof vu Lëtzebuerg, de Ludwig Freude, den Enrique Voberg, de Generol von der Becke, de Generol Pertine, de Generol Farrell an de Colonel Peron», schreift den Arthur Molinero[1].

Déi meescht vun dene Leit waren däitsch Agenten aus Südamerika. Zu deem Krees haten sech nach de Kapitän Niebuhr, de Godofredo Sanstede, de Ricardo von Leute, de Walter F. Stad an e gewësse Simon gehéiert[2].

De Kapitän zur See Dietrich Niebuhr war offiziell däitsche Marine-Attaché zu Buenos Aires, ma e war schon 1941 vun der argentinescher Regéirung ausgewise gin, well séng Spionagetätegkeet zevill opgefall as. Och de Godofredo Sanstede, alias Gottfried Sandsted, de Presseattaché vun der däitscher Botschaft, war 1941 als Spioun entlarvt gin. D'Englänner hu verlaangt, e misst ausgeliwwert gin an den Hitler huet en drop den 19. August 1941 op Madrid versat. En hat schon de Billjee op Madrid an der Täsch, ma d'Argentinier hate wëlles en um Wee fir op de Flughafen ze verhaften. D'Eva Duarte, eng argentinesch Schauspillerin, huet vun deem Plang erfuer an se huet hirem Frënd, dem Colonel Juan Domingo Peron, séng Kap a säi Mantel geléint fir dem Sanstede-Sandsted unzedin. Sou koum heen an de Fliger fir op Madrid a konnt den 2. Mee 1943 heemlech mat dem Faupel an dem U-Boot op Buenos Aires erëmkommen.

Déi Leit, déi se an der däitscher Botschaft getraff hun, haten e Militärputsch geplangt, dee vum Admirol Scasso, dem Generol Farrell an dem Colonel Peron duerchgeféiert gi sollt. Nodeem se den Offizéier hir Ënnerstëtzung versprach haten, sin de Faupel an de Sanstede mat dem U-Boot zréck op Cadiz gefuer. De Militärputsch as de 4. Juni 1943 ausgebrach an huet fir d'éischt de Generol Arturo Rawson un d'Muecht bruecht, ma de 24. Februar 1944 hun de Generol Farrell an de Colonel Peron, déi zu Däitschland gehalen hun, d'Muecht iwwerholl.

Bei der Bespriechung vum 2. Mee 1943 war och de Rudolf Eugen Ludwig Freude, alias «Ludovico Freude» derbäi, en argentinesche Reserveläitnant vun der Marine an och en däitschen Agent. E sollt méi spéit, 1945, an d'Gespréich kommen, wéi en de Chef vum «Unternehmen Feuerland» war, dat däitsch Verméigen heemlech no Südamerika transportéiert huet. Däitsch

U-Booter hun d'Këschte mat de Wäertsaachen op d'Estancia Lahousen bruecht. Do huet de Freude se iwwerholl a bei verschidden argentinesche Banke grouss Geldbeträg am Numm vun der Actrice Eva Duarte Iburguren deposéiert. Deem Syndikat hu verschidden aner Leit ugehéiert, denen hir Nimm äis bekannt virkommen: De Walter F. Stad, alias «Ricardo Staudt», Verwalter vun der «Lahousen-Staudt Estancia Company», de Richard von Leute, alias «Ricardo de Leute» an e gewëssen Dr. Heinrich Dörge, deen du bei der «Banco Central» geschafft huet a fréier Mataarbechter vum Dr. Hjalmar Schacht war. Hire Syndikat huet Milliounen an 175 Entreprisen investéiert iër de Verwaltungsrot vun enger rätselhafter Kränkt befall gouf un där 1949 den Dr. H. Dörge, 1950 de Ricardo de Leute an 1951 de Ricardo Staudt an de Ludovico Freude gestuerwe sin.

Elo kenne mer d'Leit bal all, déi den 2. Mee 1943 dem Colonel Domingo Peron a sénger Fréndin Eva Duarte Iburguren gehollef hun de Putsch virzebereden.

Ma wie wor de rätselhafte Grof vu Lëtzebuerg?

Déi lescht Nokomme vun dem Jhang de Blannen an de Lëtzebuerger Käser sin ëm 1536 gestuerwen. Och d'Nokomme vun dem franséische Stamm vu Lëtzebuerg-Ligny, déi dem «Palais du Luxembourg» an dem «Jardin du Luxembourg» zu Paräis den Numm gin hun, waren ëm 1706 ausgestuerwen. War et de Pseudonym vun engem Agent, deen sech un dem Franz Lehar sénger Operettefigur inspiréiert huet? Koum e villäicht vu Lëtzebuerg?

Bis elo hun ech et nach nët erausfond.

---

1) Arturo Molinero. Unternehmen «Silberstaub». Deutsch-amerikanischer Platinkrieg im Dschungel Kolumbiens. Druffel-Verlag 1984, S. 190.

2) Arturo Molinero. S. 18.

# Matzen an der Nuecht

Erschreckt a verwallt sin ech an d'Héiluucht gefuer;
schwäässnaass vun Angscht suz ech am Bett;
mat wäitaffenen Aen hun ech an d'Däischtert gestuurkt.

Roueg a friddlech luch d'Haus an den Äärm vun der Nuecht;
fräi an entspaant gung nieft mir den Otem vu ménger Fra;
den Hond huet sech nët geréiert.

An dach – – –
an dach war eppes, war een do,
dat – dee – mech an engem Ament aus dem déiwe Schlof
racksdeg an d'Angscht gejot hat ...

et huet getéckt, gepaust, getéckt,
wéi eppes dat um Liewe stréckt,
et war nët d'Onrou an der Stuff,
an dach huet et mäin Numm geruff – – –
do seet méng Fra: «Ma bas de daf?
et as en Holzwuerm, do am Schaf!»

*René Kartheiser*

Gil Mandy

# E Wonner

Et wor emol e Bauer, deen hat e Kniecht. Deen huet nuets ëmmer missten iwert dem Päerdsstall schlofen an och do hausen. Dat as dem Kniecht op d'laang Weil nët méi gaangen, well am Wanter wor et him do ze kal an am Summer ze waarm. Iwert dem Kéistall wir et vill besser gewiescht, well do wor et jhust ëmgekéiert, am Wanter waarm an am Summer kill. Zwou Dose Kéi hale jo méi waarm wéi zwee Päerd, wann se de ganze Wanter am Stall sin, an am Summer as de Kéistall eidel. D'Kéi sin op der Weed, d'Stalldir steet Dag an Nuecht wäit an affen op, an et as kill dobannen an uewen driwwer. Mä d'Päerd woren och am Summer nuets am Stall.

De Kniecht huet gebiedelt a gebiedelt. Mä et wor alles ëmsoss. De Bauer wollt nët. Éischtens, well hien iwwer dem Kéistall allerhand Krom an aalt Geméch leien hat, wat en nët ewech geheie wollt, an zwetens well hien en Tockskapp wor, deen ni fir d'éischt wollt nogin.

Hei as op eemool de Bauer vum Pech verfollegt gin an de Misär as him nogelaf. Fir d'éischt as him eng Kluck an duerno en Hunn futti gaangen. Eng Zäitchen drop den Hond, dun e Kallef an eng Woch duerno e Schwäin. A wéi dun och nach eng Kou ugefaangen huet ze kränkelen, du krut de Bauer et mat der Angscht ze doen.

«Dat do as jo eppes wéi eng Strof vum Himmel», duecht en, «mä ech weess ower nët fir wat? Ofgesin dervun, datt ech beim Plouen e puermol de Maarksteen eng ganzeg kleng Grimmel hu misste verréckelen, an datt beim Spulle vun de Mëllechkanen e puer Drëpse Waasser dra bliwe sin, hun ech dach wiirklech näischt Schlechtes gemat. Ech hun esouguer d'Mod nëmme geködelt a scho laang nët méi mat hir gesënnegt. Wuerfir dann elo esou eng Strof an esou e Misär?» – Fir virzebauen huet en sech ower fest virgeholl d'Maark erëm op hir al Plaz ze setzen, kee Waasser méi an de Mëllechkanen ze loossen, och nët méi grad esou wéischt a granzeg ze si mat der Fra a mat de Kanner, dat anert Joër och nët méi als Allerleschte vun der Por séng Ouschteren ze halen, nët méi esou klatzkäppeg ze sin, an, an, an. Zu gudder Lescht huet en och nach wëllen dem hellegen Antonius (dat wor deen éischten un deen e geduecht huet) eng déck Käerz ze stëften.

Hien as och eenzock bei de Käerzeméecher gaangen, huet eng schéin déck, nët grad déi allerdéckst, erausgesicht an se selwer an d'Kiirch gedroen. Do huet en dräi Vateronser gebiet, an den hellegen Antonius an all déi aner Helleg (well e wousst jo nët wie vun hinne genee an séngem Fall zoustänneg wir) gebiet, fir him dach ze hëllefen. Duerno as hien e bësselche méi berouegt heemgaang.

Fir säi gudde Wëllen ze beweisen, huet hien et och bal eng ganz Woch laang fäerdeg bruecht, fir nët méi esou dacks mat der Fra, mat de Kanner a mat de Gesënner ze granzen. En huet d'Mëllechkane mat engem Kichenduch dréchen ofgebotzt an ... en huet nach dee selwechten Dag de Kniecht ëmlogéiert. Well en ower nach nët derzou koum fir d'Maark ze verréckelen, huet hien sech déi Aarbecht fir den Hierscht versuergt. Dat mat der Maark hat souwisou, wéi et schéngt, nët vill oder guer näischt mat der Saach ze din, well säi Gebiet wor erhéiert gin an e gellegt Wonner wor geschitt: no zwéin Deg wor d'Kou nees käergesond an duerno as him och kee Stéck Véi méi futti gaangen.

De Bauer wor iwwerglécklech iwwert dat Wonner an en as vun do un och méi dacks an d'Kiirch gaangen.

Ob et ugehalen huet weess ech nët. Ech weess nëmmen eent: de Bauer koum ni derzou fir d'Maark erëm richteg ze setzen.

An duerfir ...?

N.B.: Wann nach entzwëscht och esou e Wonner geschitt sollt sin, dann as dat nëmmen e puren Zoufall.

# Léiwer daf ewéi domm

Un engem Dësch am Westeschgaart
do souz en Häerche bei dem Patt.
Um Dësch dernieft do gouf ganz haart
gelaacht, gekickelt a geschwat.

Dräi Efalte vu guddem Rass
déi hu bal dët bal dat beschass.

Si hate Gaudi a Pläséier,
wéi si erausfond, datt deen Här
ganz vill geplot wär mam Gehéier.

Kollegen, seet dee laange Flëpp,
deen do, deen huele mir op d'Schëpp.
Hien hëlt e Schotz a reift sech d'Maul,
déi aner zwee war'n och nët faul.

«Dir huet, wéi mir elei gesin
eng wonnerbar Theatermin.
Well mir eng Roll nach nët besat,
hätt ech mat iech lo gär geschwat.

Mir hun e Stéck, «den dawe Jhang»,
déi Méi kascht iech nët mol ee Frang
sou sécher wéi ech heesche Flëpp,
kritt dir all Prouf är boer Drëpp.

Mir wären all ganz héich gëéiert,
wann dir an onsem Stéck,
den dawe Jhang markéiert.

Deen Här kuckt sech déi Draachen un,
da fängt hie lues ze schwätzen un.
«Ech kennen nach en anert Stéck,
dat wär bestëmmt är Saach,
dass nur derbei e klengen Téck,
d'Stéck huet en Nogeschmaach.
Mäi Stéck as dat elei;
«Deen Dawen an deen Dommen»
Mir kënnten allenzwee dobäi
zu grousser Éier kommen.

Ech spillt am Steck deen Dawen,
an du, d'Haaptroll – deen Dommen.»

Vi. Ro.

# Spréchwierder

Wann een sech misst beim Léien entleiwen,
géng muncheree bei der Wouréckt bleiwen.

Wär d'Léien esou schwéier wéi de Männi
ze dron,
géif muncheree léiwer d'Wouréckt son.

Dat eent as schéin op eiser Welt,
dass Doud an Deiwel hëlt kee Geld
soss misst ganz dacks en areme Gesell
fir munech räichen Här an d'Häll.

Dat Haus, dat een sech huet gebaut
as frëndlech ower kleng,
dat wat ee spéider kritt gebaut,
dat gët nach vill méi kleng.

Aus dem Schaf stielt een der Geld a Bréif
iwwert d'Land leeft Schellem an Déif.

All Moud kënnt eemol aus dem Moud.

All Mënsch ka falen, mä, en daarf nët leie
bleiwen.

De Bierg op geet et schwéier, mä 't geet op
d'Héicht.

Vi. Ro.

G. Helm:

# Theatersaison 1986-1987 (nët komplett)

| Wou | Titel | Auteur | Wéini | Wien | Organisator | Sall |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Äischen* | Cabarambo | Hoscheid Jhemp/ Schuster Jhemp | 8.11.86 | Hoscheid Jhemp + Schuster Jhemp | Syndicat d'Initiative | |
| *Bartréng* | Feierstengszalot | Christen Josy | 22.11.86 | Bartrénger Kaméidi | idem | |
| *Befort* | den donkle Ponkt | | 29.3.87 | Jugend | | Kummelsbau |
| *Beggen* | De Pantouflard | Clees Robert | 22.11.86 | Beamte vum Crédit Européen | | |
| | Theaterowend | | 15.11.86 | Lidderuucht | Jugendkouer Beggener Karmëschen | Centre culturel |
| *Betebuerg* | Katherinettebal | | 22.11.86 | | Betebuerger Ciné-Amateuren | |
| | Schnick schnack schnëppel + Bambola | Schuster Jhemp | 22.11.86 | Jaddermunnes | Biergerveräin "D'Leit an Eidels" | |
| *Bettborn* | Gefléckten Téitschen | | 22.11.86 | Chorale Ste Cécile | idem | |
| *Bieles* | Paltong, Box an Hiem | Christen Josy | 8.2.87 | Metzerlacher Scouten | idem | Cafeteria |
| *Bieles/Metzerlach* | Paltong, Box an Hiem | Christen Josy | 31.1.87 | Scouten | idem | Cafeteria |
| *Bieréng/Miersch* | Nuje et gët Schlëmmeres | | 3.1.87 | Theaterfrënn Pëtten | | Hal Irbicht |
| *Biissen* | An der Fal | Thomas R. | 8.11.86 | Cercle dramatique Biissen | | |
| *Bruch/Miersch* | véier Eenakter | | 21.3.87 | Schoulkanner | | Festsall Schoul |
| *Bur* | Kapesëtzung 87 | | 8.2.87 | Carnevalveräin Méischdrëf/Waasserbëlleg | | Hal |
| *Canesch* | An der Fal | | 8.2.87 | Football | idem | Gemengesall |
| *Capellen* | Bimbotheater | | 8.2.87 | | | Centre de loisirs |
| *Colmar/Bierg* | Paltong, Box an Hiem | Christen Josy | 4.4.87 | Football | | Sall Kieffer |
| *Contern* | D'Zwéckmillen | Berrens Jos | 8.2.87 | Club des Jeunes | idem | Hal zu Contern |
| *Diddeléng* | D'Zauberflütt | Mozart W.A. | 8.2.87 | Blo Guiden | idem | Veräinshaus |
| | Theaterowend | | 15.11.86 | | | Centre paroissial |
| | Eng rosa spëtzte Box | Hermes Francine | 10.1.87 | Scouten | | Veräinshaus |
| *Duelem* | Lëtzebuerger Owend | | 16.5.87 | | Chorale mixte Duelem | Centre culturel |

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Eiter* | Gefléckten Téitschen | | 14.2.87 | Chorale Ste Cécile | | Festsall Schoul |
| *Ell* | Den neie Wiirt | Schuster Jhemp | 10.1.87 | | | Centre culturel |
| *Esch/Uelzecht* | Hänk dech dach nëmmen op | Wagner Guy | 27.1.87 | Bintz Aly, Micky a Simone | | Stadtheater |
| | De Jhoss an de Freed op der Mauer | Treinen Michel | 24.1.87 | Theater Gmbh | | Alt Schluechthaus |
| | De Mann aus Texas | Angel Emile | 22.2.87 | Liwensfrou | | Stadtheater |
| | Bobby Bambësch oder Robin Hutt | Schuster Jhemp | 19.5.87 | | | Stadtheater |
| | Niwwel iwwer der Biscaya | Rewenig Guy | 12.5.87 | Escher Theater / Theater Gmbh | | Stadtheater |
| | Gigollo – Gedichter a Lidder | Steffen Robert (Gollo) | 28.11.86 | Steffen Robert | | Theaterstiffchen |
| | D'Famill Fripgen | Christen Josy | 22.11.86 | Grenzer Scouten | idem | |
| *Ettelbréck* | Ech laache mech futti | | 21.3.87 | Lëschteg Nordbühn Ettelbréck | | Hôtel de Luxembourg |
| | Eng Hand wäscht di aner | Theato Josy | 12.4.87 | | | Theatersall HNP |
| *Fouhren* | Don Camillo a Peppone | | 8., 14.2.87 | Landjugend | idem | Festsall |
| *Gaasperech* | Freides den 13. | Christen Josy | 17.1.87 | Scouten | | Porheem |
| *Gouschténg* | D'Schwaarzbrenner vum Kuebenhaff | Rollinger Jhemp | 14.3.87 | Chorale Ste Cécile | | Festsall |
| *Heischent* | Eng rosa spëtzte Box | Hermes Francine | 10.1.87 | Jongen an Medercher | | Veräinsbau |
| *Huldang* | D'sëlwer Hoërspéngel | | 22.11.86 | D'Jugend vun Huldang | idem | |
| *Izeg* | Eng Verwiesslong | | 14.3.87 | Gesank | | Sportshal |
| *Käerch* | De Pantouflard | Clees Robert | 4., 5.4.87 | Fanfare | | Gemengesall |
| *Keespelt* | Cabaret Circus Circus | | 23.5.87 | Theateratelier Keespelt | | Musekshal |
| *Koplescht* | D'Gléck um Schléiwenhaff | Devaquet A. | 8.11.86 | Spillkëscht Koplescht-Bridel | | |
| | De Rettungsschwëmmer | | 14.3.87 | Velo-Club | | Wiirtspesch |
| *Lennéngen* | Den Duerfkureler | | 1.2.87 | Gesank Kanech | Amiperas Lennéngen | Festsall |
| *Löntgen* | Eng penibel Affaire | Clees Robert | 21.3.87 | Szen 80 | | Veräinshaus |
| *Lëtzebuerg* | Déi vum Tipp | Schuster Jhemp | 28.11.86 | Thalia & Co | Kellertheater | |
| | E Messer am Réck | Schuster Jhemp | 23.11.86 | | | am Dierfgen |
| | E Messer am Réck | Schuster Jhemp | 12.11.86 | | | Théâtre du Centaure |
| | Mumm Séis | Dicks | 20.6.87 | Belairer Schoultheater | idem | Kapuzinertheater |
| | Revue Wee-Schësser | | 23.5.87 | Lëtzebuerger Theater | | Neien Theater |

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Lëtzebuerg* | Bobby Bambësch alias Robin Huut | Schuster Jhemp | 28.3.87 | Kapuzinertheater | | Am Dierfgen |
| | Kee Fall fir den Zankert | Goerend Romain | 18.11.86 | Lëtzebuerger Theater | | Neien Theater |
| | Déi vum Tipp | Schuster Jhemp | 21.11.86 | Thalia & Co | | Neien Theater |
| | Theater | | 14.2.87 | Guiden | | Veräinshaus |
| *Luerenzweiler* | D'Jonggesellesteier | Hermes Francine | 4.4.87 | Scouten | | Festsall |
| *Mäerel* | Paltong, Box an Hiem | Christen Josy | 10.1.87 | Chorale Ste Cécile | | Veräinshaus |
| *Manternach* | De Schouster Hari op der Himmelsleder | | 12.4.87 | Jongbaueren a Jongwënzer | | Festsall |
| *Menster* | De Ligepol | Clees Robert | 31.1.87 | Club des Jeunes | | Centre culturel |
| | Lëtzebuerger Owend | | 28.3.87 | | Fanfare Mensdorf | Centre culturel |
| *Merter* | Eng Läich am Tirang | Clees Robert | 25.1., 8.2.87 | Cercle des Jeunes | idem | Centre culturel |
| *Miedernach* | De Pätter a séng Giedel | Michels Albert (Nestroy) | 3.1.87 | Musek | | Centre culturel |
| *Nidderfelen* | Satiresche Kabaretsowend | | 2.5.87 | Scène libre | | Festsall |
| *Nidderkuer* | De Scholtschäin – Mumm Séis | Dicks | 22.2.87 | Fanfare | | Home |
| *Nojhem* | D'Spill vun der Bidden – Gudd Noperen | Reuland Marcel | 21.3.87 | Dekanatskouer vun Ospern | | Festsall |
| | De Pantouflard | Clees Robert | 21.2.87 | Jugend | | Festsall |
| *Pärel* | Eng Hand wäscht déi aner | Theato Josy | 8., 14.2.87 | Musek | idem | Festsall Schoul |
| *Péiténg* | De Jonktem séngt a spillt | | 23.11.86 | D'Léiwéckelcher aus dem Kordall | | |
| | D'Mumm Séis + De Scholtschäin | Dicks | 8.2.87 | Kathoulesch Veräiner | idem + Maison des Jeunes | Maison des Jeunes |
| *Recken op der Mess* | Paltong, Box an Hiem | Christen Josy | 18.1.87 | Fanfare | | Musecksall |
| *Réiden/Atert* | Eng Hand wäscht déi aner | Theato Josy | 24.1.87 | Musek | | Aula |
| *Reisdorf* | En originellt Original | | 3.1.87 | Fanfare | | Festsall |
| | D'Gléck um Schléiwenhaff | Devaquet E. | 24.1.87 | Theaterfrënn Bigelbach | | Festsall |
| *Schëffléng* | Eng gelunge Firma | Theato Josy | 3.1.87 | JOC | | Veräinshaus |
| | Léift an Téitschen | Devaquet E. (Gnant) | 24., 31.1.87 | Gesank | | Hall polyvalent |
| *Schiren* | Ee gudden Dokter | Hermes J.+F. | 18.1.87 | Club des Jeunes | | Gemengesall |
| *Schlënnermanescht* | De Professer Kinkerlitzchen | Christen Josy | 28.3.87 | Club des Jeunes | | Veräinssall |

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Schuller* | Den neie Wiirt – Éischtopféierung | Schuster Jhemp | 22.11.86 | | | |
| *Schweecherdall* | De Lausdeckel | Michels Albert (Nestroy) | 28.2.87 | Fanfare | | Centre culturel |
| *Stesel* | Op der Kiirmes | Reuland Marcel | 21.2.87 | Monnerecher Bounesäck | Pompiers-Fanfare Stesel | Festsall Gemeng |
| *Stroossen* | De Lausdeckel | Michels A. (Nestroy) | 22.11.86 | Chorale Ste Cécile | idem | |
| *Téinten* | Déi 3 Äisbieren | Devaquet E. | 21.2.87 | Theaterfrënn | | Festsall |
| *Trënténg* | D'Féckmillchen | | 5.4.87 | Trënténger Bühn | | |
| *Ueschdref* | En drolegen Aptikter | | 21.3.87 | Ueschdrëffer a Bilschdrëffer | | Prossenhaus |
| *Uesweller* | Alles fir d'Kaz | | 14.2.87 | Club des Jeunes | | Festsall |
| *Uewerkuer* | Wa se nët gestuerwe sin, da liewe se nach haut | Christen Josy | 14.3.87 | Union amicale Theaterfrënn Déifferdéng | | Theatersall |
| | Eng Schoulklass nët wéi déi aner | Bernard Eugène | 14.3.87 | Union amicale Theaterfrënn Déifferdéng | | Theatersall |
| | Gebeess as Tromp | Theato Josy | 5.4.87 | Union amicale Theaterfrënn Déifferdéng | | Sall UAT |
| *Viichten* | Ech laache mech futti | Clees Robert | 28.3.87 | Union Chorale Viichten + Viichten 2000 | | Festsall |
| *Waasserbëlleg* | Hänk dech dach nëmmen op | | 25.4.87 | Equipe Aly Bintz | Comité protecteur des scouts européens | Centre culturel |
| *Wal* | Urlaub vum Péitrus | Clees Robert | 21.3.87 | Club Doheem | | Veräinssall |
| *Waldbëlleg* | Déi 3 Äisbieren | Devaquet E. | 21.3.87 | Chorale Ste Cécile | | Gemengesall |
| *Weiler* | E Ligenerconcours | | 22.11.86 | D'Jongen aus der Gare Ettelbréck | Chorale St Hubert Mierschent | |
| *Wëntger* | Urlaub vum Péitrus | Clees Robert | 8.11.86 | Wëntger Theaterfrënn | idem | |
| *Wormeldéngen* | D'Gléck un Schléiwenhaff | Devaquet E. | 14., 17.2.87 | Guiden a Scouten | idem | Heem Albert Thilges |
| *Zéisséng* | 50 Kilo wäiss Faarf | Christen Josy | 31.1.87 | Theaterfrënn Zéisséng | | Centre culturel |

# Nei Bicher




**De Maulef beim Weier** as den Titel vun enger Cassette, déi an der Spillschoul zu Gaasperech opgeholl as gin a vun de Kanner selwer geschwat gouf. Den Text as vum Rita Lamberty-Dury a Martin Straus; d'Musek vum Marc Senninger; Biller um «leaflet» vum naturwëssenschaftleche Musée; Regie, Opnam, Schnëtt a Geräischer vum Martin Straus. Produktioun: Luxembourg Sound. Ëm wat geet et nun? Ma e Maulef kënnt bei e Weier a gesäit a begéint do allerhand aner Déier; wat sech weist vun engem anere Kand virgestallt gët a sech souzesoe selwer virstellt. Si hun esou spilles d'Liewen ëm e Weier vun Déier a Planze geléiert kennen. – D'Cassette as am Verkaf a se kascht 480 Frang.

hr

**Schreif déng Sprooch! – D'Lëtzebuerger Schreifweis.** Editions du Syndicat National des Enseignants Luxembourg. 121 Säiten. Offset, geheft. DIN A4. 150 F.

Do soll ee soen et géif näischt geschéien, fir datt mer eis Sprooch och schreiwe léiere sollten. Nom Emile Schmit sénger Brochure:

*Ech léiere mech lëtzebuergesch schreiwen,* dat mer an der Nummer 19, 1986, ugekënnegt haten an et verdéngt nach eng Kéier ernimmt ze gin, kréie mer hei nun nach eent, dat «graff zesummegeäerbelt fir d'5. an d'6. Schouljoër vum Edmond Steyer, Bäertréff, gestäipt op 1.) Eis Schreifweis «fir Jiddereen», 2.) «Lëtzebuergesch an der Schoul», dat vu Schoulmeeschteren a Léierinnen verfaasst gin as. Et muss ee soen, datt et gutt a logesch opgebaut as an doudsécher säin Zweck erreecht fir deen et geduecht as: d'Lëtzebuergescht no der Schreifweis vum Gesetz vun 1975 schreiwen ze léieren. Et geet nët drëm fir do mat Doudeescht d'Schreifweis wëllen an d'Käpp ze schloen, mee lues a verstänterlech de Sisteem opzebauen an ze léieren. «Keen Drummfach draus man», heescht et am Virwuert.

Et as geduecht fir d'Kanner fir d'Schreifweis vum Lëtzebuergeschen z'interesséieren an nët de Géiendeel z'erreechen. Zer gläicher Zäit gët dann och nach geléiert lëtzebuergesch liesen, well een et jo alt héiert, et wir zevill ongewinnt. Dat éischt as méiglech gemaacht mat den Texter a Geschichten, déi d'Monique *Hermes* geschriwwen huet, mat Gedichter vum Raym. *Trierweiler* a Bouwegeschichte vum Edmond *Steyr.*

An e Schoulbuch gehéire Biller, déi de Pol *Ernzer* an d'Annett *Finsterwald* gezeechent hun. – Et as e Buch vu Schoulleit fir d'Schoul gemaacht an et wäerd och bei denen deen Intresse fannen, deen et verdéngt. Fir eng zweet Oplag wir et gutt, déi Tippfeler an aner erauszehuelen, déi stoe bliwwe sin.

A well all gudder Dénger dräi sin kréie mer nach en anert, dat heescht: **Freed um Lëtzebuergeschen,** Aarbechtsblieder vum 5. Schouljor un; gemoolt vum L. *Werdel,* zesumme-

gestallt vum R. *Worré.* Editioun E.L.G.L. 1988. DIN A4.

Mat sénge 76 Säiten as et nët eleng fir lëtzebuergesch schreiwen ze léieren, mä och lëtzebuergesch ze léieren an ze brauchen, do wou een et wëllt maachen. Et geet durech de ganze Léiergaart, vun den Uertschaftsnimm ugefaang iwwer Gebräicher, Riedensaarten, Spréchwieder, Wiederspréch, Annonce fir Kanddaf, Houchzäit, Stierffall, Entschëllegungen op d'Schreifweis zou (S. 62 bis 76). Et as e Buch, dat grad ewéi dat éischt dee selwechte Geescht huet an dat selwecht wëllt: Freed um Lëtzebuergeschen ze schafen. (Hätt een nët vläicht gesot Freed «mam» lëtzebuergeschen wéi «um»?) D'Illustratioun as excellent.

(Eng aner Fro fir een, deen nët an der Schoulpolitik dran as, woufir zweemol dat selwecht wëllen a woufir nët matenee schaffen?)

Wann dat zweet Buch och vläicht e bëssen en aneren Opbau huet a sech méi op d'Léieren ewéi op d'Schreiwe bezitt, da muss ee mat Freed festhalen, datt fir d'Schoulen haut dat alles do as, wat esou laang gefeelt huet, a wann een dann nach dernieft weess, datt fir d'Mëttelschoulen och en neit Buch an der Aarbecht as, da kann ee soen, datt dem Lëtzebuergeschen dee Respekt geschitt dat et verdéngt.

hr

**Cahiers Luxembourgeois.** – D'Cahiers Luxembourgeois sin no méi wéi 25 Jor nees operstanen. Deen dat Wonner färdeg kritt huet as de *Weber* Néckel, dee, bis zum laange Schlof, virdrun och mat an der Equipe vun de Cahiers wor. Jorelaang woren d'Cahiers déi litteraresch Zäitschrëft hei am Land an déi eis bedeitend Käpp hir Artikle geliwwert hun. Gegrënnt vum Nicolas Ries a fir d'lescht geleet vum Raymon Mehlen koum se bis 1965. An haut as se nees operstanen. Si soll, wéi virdrun, de fräie Lëtzebuerger Geescht vermëttelen an an dräi Sprooche gehale sin: franséisch, däitsch a lëtzebuergesch, wou wuel och englesch derbäi dierft kommen. – Eng éischt Nummer, Extranummer, as elo an dee leschten Deg virgeluegt gin. Et geet dran iwwer: *«Réflexions autour de l'identité»* mat Artikle vum Jules Christophory, Georges Als, Claude Javeau, Mario Hirsch. M. Meffesoli, Georges Calteux, Jean Remy, Claudia Bolzman, Carlos Garcia, Guy Rewenig, Claudia Hartmann, Fernand Weides, Alex M.D. de Sterio, Jeff Kintzelé an Norbert von Kunitzky. – «Chroniques et rappels» vum Frantz Clement, Nicolas Ries, Charles Knaf, Robert Gliedner an Nic. Weber. – De Programm fir dat éischt Jor (35. Jor) as nieft deer Extra-Nummer nach 5 Broschüren erauszegin.

D'Abonnement as 1250 Frang, e «Frëndsabonnement» as 2000 Frang a fir deen, deen et wëllt a ka maachen fir iwwer déi éischt finanziell Suergen ewechzekommen 5000 Frang. Postscheck 11074-16, Les Cahiers Luxembourgeois, Luxembourg.

Loosse mer dann deer Operstanener ad multos annos wënschen, mat dem anere Wonsch déi néideg Mataarbechter ze kréien. Fir den Ament huet se emol d'Ënnerstëtzung vun der Inter-Bank an der Kredit-Bank, loosse mer dann als drëtte Wonsch unhuelen, datt aner Stäipen derbäi kommen, well se am Ufank ouni Publizitéit wëllt duerkommen.

hr

# Fréijoërsfreed

*E. Arnoldy*

Wann d'Vigel, déi lëschteg Gesellen,
nees päifen an d'Fréijor umellen.
As d'Welt nees voll Liicht a voll Fuerwen,
an d'Sonn steet um Himmel, ganz uewen.

Wann d'Schmuelbre vum Süden heemfléien,
sin d'Gäert nees voll Blummen a Bléien.
Op dene sech Beien a Bomm'len,
de ganzen Dag äerdeg tomm'len.

Wann d'Vigel hir Näschter nees bauen,
da kann een dem Wieder bal trauen.
Déi schéinste Lidder erschalen
wann d'Villercher Houchzäit halen.

Wann d'Villercher fleten a sangen,
an d'Kënnercher spillen a sprangen.
Wa Bësch a Gewan sech gréng fierwen,
dann as et eng Freed fir ze liewen.

# Wéi de Bauer an d'Hee wor

(no dem bekannte Lidd «Mein Mann ist gefahren in's Heu»)

Et wor mol e Bauer, deen hat eng jonk Fra,
déi wor wonnerschéin, mä nët trei.
Hie sot enges muerens (en hat eng am Schna):
«Léif Fräschen, haut sin ech nët hei.
Well ech fueren eraus haut an d'Hee,
well ech fueren eraus haut an d'Hee,
an d'Hee, juchhee, an d'Hee, juchhee,
well ech fueren eraus haut an d'Hee.»

Dat Näischtnotzegt äntwert: «Schaff nët zevill,
a maach heiandsdo mol eng Rascht!
Maach lues, sief nët ëmmer deen éischten um Dill,
't huet dacks scho muenchee sech gebascht
beim äerdege Schaffen am Hee,
asw.

Hatt gët him eng Bees an de Bauer dee geet. –
Hatt laacht sech bal heemlech eng Boss:
«Géi schaffe mäin Alen, da méchs de mir Freed.
Lo gët emol d'Liewe genoss!
Well du bas jo eraus hat an d'Hee,
asw.

'T huet nët laang gedauert, du schläicht sech an d'Haus
e quantege Jeër eran.
«Komm séier!» rifft d'Fräschen, «mäi Mann as eraus.
Haut kënne mir schéin eis et man.
Well mäin Alen as jo fort an d'Hee,»
asw.

Si hun sech ëmäerbelt, si hun sech zerkësst,
et wor e Geleeks, e Gegecks.
Si houle ferm no, wat si glëschtreg vermësst.
Et wor e Gemaufels zefreeks.
Well de Bauer wor jo fort an d'Hee,
asw.

Si lafen op d'Kummer, si falen op d'Bett,
an d'Plaume si lëschteg geflun.
Fir d'Léift ze genéissen do sin se lo prett,
haut ka keen si hënneren drun.
Well de Bauer dee schafft jo am Hee,
asw.

Dun zidderen d'Trape vu schwéierem Schrëtt
an d'Schlofzëmmerdir déi flitt op.
Do stoung lo de Bauer, mä léif wor en nët.
Hie rifft ganz haart: «Stitt dir wuel op!
Well ech wor jo mol guer nët am Hee,»
asw.

Dir Dämmercher, lauschtert mir elo gutt no:
Wann dir 'mol e Soupirant hutt,
bestellt en nët dees dir kuckt fir d'éischt no
an dir iwwerzeegt iech och gutt.
Äre Mann as vläicht guer nët an d'Hee,
äre Mann as vläicht guer nët an d'Hee,
an d'Hee, juchhee, op d'Schaff, juchhee,
äre Mann as vläicht guer nët an d'Hee.

Gil Mandy

# Mäerz, de Lenzmount

De Weidentrausch blitt bei der Baach,
an d'Beie sëtzen drop.
D'Sonn schéngt méi waarm, vun Dag zu Dag,
'lo geet et nees biergop.

De Bësch erwächt ausséngen Dreem,
no laanger Wanterrou.
Déck schwëllen d'Patten un de Beem,
et geet op Ouschtren zou.

D'Leit schaffen äerdeg an de Gäert,
de Bauer plout a séit.
Et gët gegruewen a geschäert,
all Dag bis owes spéit.

Wann d'Sonn nees héich um Himmel steet,
an d'Wollécke lues zéien
wéi schnéiwäiss Lämmer op der Weed,
wann d'Schmuelbren heemzou fléien:

Da weist d'Natur hir beschte Säit,
a Freed zitt an all Häerz.
Déi allerschéinste Joreszäit,
as ëmmer nees am Mäerz!

Januar 1987
*E. Arnoldy*

**Korrekturen**

An deer leschter Nummer sin erëm e puer fatzeg Béck geschoss gin. Mir entschëllegen eis dofir. Sou geet et, wann ee sech tommelt.

Do as emol Säit 13 am Titel nët Broschure mee Brochure ze liesen.

Säit 14 as am Gedicht «Wanter» Zonk ze liesen an nët Zock. Mir bréngen et dofir nach eng Kéier.

Säit 22 gehéiert déi Foto nët dohin, déi do steet; et sollt do déi vun der Plack sin, déi 1937 zu Esch-Uelzecht opgehaangen as gin. Hei as se (aus Jonghemecht, S. 202).

D'Foto as déi vum Chrétien Clement.

Säit 61 soll et heeschen Chrétien Clement 1910-1987 an nët 1919-1987.

Säit 70, 1. Kol., 3. Abschnëtt, 2. Zeil: 100. amplaz 10. Gebuurtsdag.

* * *

Dir liest «Eis Sprooch» jo vu vir bis hannen?
Huet Der déi lescht dann och gutt gelies?
As Iech nët éirens eppes opgefall?
Wann nët, dann huet Der se nët gutt gelies!
Mir brauche da jo och nët ze soen, wat verkéiert war!




# De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch

Prësident: Heng Rinnen, 32, Bëschstrooss (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg
Vize-Prësident: Lex Roth, Lëtzebuerg
General-Sekretär: Marcel Lamy, 18, Kellerei-Strooss, L-6718 Gréiwemaacher
Sekretär adj.: Emile Steffen, 47, Riedgener-Strooss, L-2432 Lëtzebuerg
Caissier: René Faber, 14, Barriär-Strooss, L-1215 Lëtzebuerg
Mêmbren: Francis Delaporte, Monique Hermes, Cornel Meder, Robert L. Philippart, Michel Rob, Robert Siuda, Maisy Tockert
Redaktioun: H. Rinnen, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg
Redaktiouns-Kommissioun: H. Rinnen, R. Siuda, M. Lamy, Monique Hermes

**Actioun Lëtzebuergesch,** Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg. Tël. 470612 (Äntwertapparat!)
Bredewee 21, (rue Large), L-1917 Lëtzebuerg
Cotisatioun: 250 Frang
Postscheck 6644-48 – Kont Spuerkeess (C.E.E.), Lëtzebuerg 1000/7250/4 – Kont Interbank (B.I.L.) 4-100/9748
Verlag: AL, 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg
Drock: Kremer-Muller & Cie, L-3895 Féiz, Tël. 55 79 79

# Wat huet d'A.L. bis elo erausgin?

Hei as d'Lëscht vun allem wat mir Iech offréiere kënnen:

**d'Zäitschrëft «Eis Sprooch»**

| | | | |
|---|---|---|---|
| No 1-1972* | 30 F | No 14-1982 | 70 F |
| No 2-1973 | vergraff | No 15-1983 | 70 F |
| No 3-1973 | vergraff | No 16-1984 | 70 F |
| No 4-1973 | vergraff | No 17-1985 | 70 F |
| No 5-1974 | vergraff | No 18-1986 | 70 F |
| No 6-1975 | vergraff | No 19-1986 | 70 F |
| No 7-1976 | vergraff | No 20-1987 | vergraff |
| No 8-1977 | 70 F | N0 21-1987 | 120 F |
| No 9-1978 | 70 F | | |
| No 10-1979 | 70 F | | |
| No 11-1980 | 70 F | | |
| No 12-1981 | 70 F | | |
| No 13-1981 | 70 F | | |

*) Facsimilé, Ried vum C.M. Spoo 1896

**d'Extra-Serie**

No 1 **De Rick,**
vum René Kartheiser — vergraff

No 2 **«Ueter d'Jor»**
vum Heng Rinnen — vergraff

No 3 **Stuelen** (Modeller)
fir all festlech an aner Geleënheten, eis Uertschaftsnimm, Menuën, d'Schreifweis asw. — 90 F

No 4 **«Grouss Vakanz»**
Theaterstéck vum Pol Greisch — 80 F

No 5 **«Vu Wëllef, Afen, Quetschen a Kannen»**
Concours 1984 — 300 F

No 6 **«Dem Prënz Muttwëll séng Rees an d'Mäercheland»**
e Mäerchespill vum Edith Roeder, mat der Musek vum Louis Beicht, an d'Lëtzebuergescht iwwersat vum Robert Siuda, Illustratioune vum Pe'l Schlechter — 30 F

No 7 **«Kuurzgeschichten»**
Concours 1986 — 90 F

No 8 **Klengegketen**
vum Robert Siuda — 90 F

No 9 **De Kapp an de Stären**
vum René Kartheiser, gebonnen — 465 F
+35 F Porto

**«d'Léierchen» (dem Léiweckerche säi Lidd)**
M. Rodange
Facsimilé an Transcriptioun (1973) — 250 F

d'Buch fir Lëtzebuergesch-Couren:
**«Kommt mir léiere Lëtzebuergesch»** — 500 F

déi 3 Cassetten déi zu dësem Buch gehéieren — 945 F
(et kann een d'Buch oder d'Cassetten och eleng kafen).

Dëst Buch as fir de Moment op franséisch ze kréien. Bis den Hierscht, wann déi nei Couren ufänken, kann et och op däitsch, englesch a portugisesch geliwwert gin.

d'Spéngel vun der A.L. — 50 F

d'bronze Plaquette
vum Dicks-Rodange-Lentz — 1.250 F

**Eis Gléckwonsch- an Neijooschkaarten**
mir kënnen nach offréieren:

d'Neijooschkaarte **mat** Text 1983
1014 Greinskapell — 1024 Buerglënster
1034 Huelmes — 1044 d'Schibbreg

d'Neijooschkaarte **mat** Text 1984
1114 Dummeldéng — 1144 Siwebueren
1134 Sennéng

d'Neijooschkaate **mat** Text 1985
1214 Réimech — 1224 Mënsbech
1234 Iechternach — 1244 Clausen

d'Kaarte **mat an ouni** Text 1986
1334 Zolwerknapp — 1344 Schleifmillen

1987/8: Zeechnunge vum Jos. Besch (alle véier)
1414 Bredewee mam Tur vun der Méchelskiirch
1424 Dummeldéng «an der Rumm»
1434 Veianen (Schlass)
1444 Hesper (Schlass)
de Präis vun dëse Kaarten as — 15 F d'Stéck
bei 100 Kaarte kritt ee se fir — 11 F d'Stéck
Porto fir d'Kaarten:
1 Serie (4 Kaarten) — 14 F
3 Serien (12 Kaarten) — 25 F
doriwwer — 35 F

**Gléckwonschkaarten**
faarweg Fotoe vun Tableau-e vun der Joffer Lily Unden fir all Geleënheten
112 an 122 2 Kaarten 1986 an 2 Kaarten 1987
212 an 222 — 30 F d'Stéck

**Gléckwonschkaarte fir Houchzäit oder Gebuurt**
Zeechnunge vum O. Nalezinek
4 verschidde Kaarten — 15 F d'Stéck


D'Präisser déi mir ugin, si fir den Détail.
Schoulen, Gemengen, Veräiner oder Mëmbren, déi am Grousse kafen, kënne Rabatt kréien.

Bestelle kann een duurch Iwwerweisungen op ee vun eise Konten: Postscheck 6644-48
Spuerkeess 1000/7250-4 – BIL 4-100/9748
Schreift w.e.gl. op äre Virement/Versement genee wat dir wëllt an och d'komplett Adress.
All Informatioune kënnt dir um Tëlëfon 470612 (Äntwertapparat) kréien. Wa keen um Biro as, da sot w.e.gl. är Tëlëfonsnummer, mir ruffen Iech dann erëm.

Bestelle kënnt dir och schrëftlech un eis Adress:
**Actioun Lëtzebuergesch**
**Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg.**

Et kann een natiirlech och séng Bestellung an eise Biro op Nummer 21 am Bredewee an der Stad ewechhuelen.
Am beschte freet een dofir e Rendez-vous.

# En neit Buch vun der Actioun Lëtzebuergesch



Déi lescht Extranummer
vun der A.L.,
gebonnen, blot Léngent.
89 Säiten,
«de Kapp an de Stären»
vum René Kartheiser
Präis 465 Frang
+ 35 Frang Porto

## Um Séi

Virun eis lach eng Strooss aus purem Gold;

eng Fledermaus huet kuuterbonteg Wéin an den Oweshimmel gekroppelt;

laanscht d'Uwer huet d'Waasser lues mat sech selwer geschwaat;

aam grousse Bir un der Spetz hun d'Stären sech op hiren Nuetstur gemaach;

wann eng Frell sech mat Schwonk aus dem Waasser gehäit huet, huet de Mound dertir gesuergt, datt e Stéck Sëlwer an de Séi zréckgefall as;

schéi gemittlech, ouni dee mannste Kanéiii, as eisen Naachen ëmmer méi an d'Däischtert eragerschloff;

zu béid Säite si schwaarz Schiet mat eis geschwommen;

waren et Fësch oder Dreem, déi drop gewaart hun, datt mir eis geiwen ëm si këmmeren?

44

## D'Landstrooss

Iwwert der Landstrooss, déi riicht an den hellbloen Himmel geklomm as, huet d'Hetzt gezéddert;

de Schweess as ëmmen eiser laanscht eis gelaf.

«D'Hoffnung as eng Schrank mat ëiwegen Emgank», sot den Heng.

«Si as e Seet, an deem mir eis dout zéien», huet de Misch gemengt.

«Dee vun der Hoffnung lieft», sot ech, «dee stierft vum Faaschten».

«Dat as net méiger Saach», sot den Uscht.

Mir hun eis an de Schiet gesat, de Rucksak d'ewechgesat d'iewescht getippt an eis et gatt schmaache gelooss.

«Eng Hamen oder Kéiseschmier hält Läif a Seil zesummen», sot den Heng an en huet an d'Brout gebass, datt d'Kuuscht eis op béid Säiten d'Gesicht gekraatzt huet.

Iwwert der Landstrooss, déi riicht an den hell-bloen Himmel geklomm as, huet d'Hetzt gezéddert.

45